net déi europäesch Ëmweltgesetzgebungen, notamment d'Direktiv EIE, dat heescht déi iwwert den Impakt op d'Ëmwelt, ausser Kraaft gesat ginn. Dat ass ganz kloer, wann Der d'Annex I vun der Impaktstudiendirektiv kuckt, do stinn d'Déchets nucléaires, Enfouissement, besonnesch op engem anere Site wéi op engem Atomreakter, dat fält ganz kloer ënnert d'EIE. A mir wäerten alles drusetzen, fir dass dann och bei der definitiver Autorisatioun vun deem Centre do déi Prozeduren net ausser Kraaft gesat ginn an dass mer als Nopeschlänner agebonne ginn.

Iwwert d'Positioun, mengen ech, vun dëser Regierung a puncto Nuklearindustrie brauche mer jo net ze diskutéieren. Dir hutt matkritt, dass mer eis der Klo vun den Éisträicher géint Hinkley ugeschloss hunn. Déi leeft elo. A wa mer iwwert dee Wee eis Responsabilitéiten iwwerhuelen, da wäerte mer se selbstverständlech esou no virun eiser Hausdier och iwwerhuelen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Statssekretär. Mir géifen dann iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion

Kënne mer dat à main levée maachen? Sidd Der do d'accord?

(Assentiment)

Wien ass fir d'Motioun?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass d'Motioun unanime ugeholl. Merci, och fir d'Flexibilitéit vun deene verschiddene Bänken.

Mir géifen dann zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6773 iwwert d'Schafung vun engem Institut, dat fir d'Konzeptioun an och d'Gestaltung vu Stagen an der Formation continue zoustänneg ass fir d'Léierpersonal an de Personnel socio-éducatif aus der Éducation nationale. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Lex Delles.

6. 6773 - Projet de loi portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale et modifiant

1) la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques b) la création d'un Centre de Gestion Informatique de l'Éducation c) l'institution d'un Conseil scientifique,

2) la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques,

3) la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental,

4) la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental,

5) la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance,

6) la loi du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers,

7) la loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État,

8) le Code de la sécurité sociale,

et abrogeant la loi modifiée du 21 mai 1999 concernant la fonction de candidat dans les carrières enseignantes de l'enseignement postprimaire

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, passend zum Ufank vun der Schoulvakanz stëmmt d'Chamber haut iwwer e Gesetzesprojet of, mat deem d'Aus- an d'Weiderbildung vum Schoulpersonal soll reforméiert ginn. Pünktlech zur Rentrée soll dann deen neien Institut de formation de l'éducation nationale, kuerz IFEN, seng Dieren opmaachen.

Meng Riedezäit als Rapporteur erlaabt mer et net, op all Detail vun dësem Projet de loi anzegoen. An ech wäert spéider a menger Interventioun nach eng Kéier drop agoen, firwat dëst esou ass. Ech wäert probéieren, mech op d'Haaptelementer vum Projet ze konzentréieren, ouni awer ze vill iwwerflächlech ze ginn. A fir all weider Detailer an Explikatioune wëll ech op de schréftleche Rapport verweisen.

Virewech e puer Detailer zum Oflaf vun den Aarbechte um virleienden Text, deen den 30. Januar dëst Joer an der Chamber déposéiert ginn ass. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Avis den 18. Mee ofginn. Den 11. Juni huet d'Regierung eng Serie vun Amendementer déposéiert, déi och direkt vum Statsrot a sengem éischten Avis, deen hien den 22. Juni ofginn huet, analyséiert goufen. Den 2. Juli huet d'Éducationskommissioun e Courrier un de Statsrot adresséiert, wou si e puer materiell Feeler redresséiert huet. De Statsrot huet doropshin en zweeten Avis ofginn, an zwar den 10. Juli.

Anhand vun dëse puer Datumer, an ech hu se net alleguerten opgezielt, gesäit een, dass d'Kommissioun an deene leschte Woche ganz intensiv un dësem Projet geschafft huet. Dofir e grousse Merci de Kolleeginnen an de Kolleegen aus der Éducationskommissioun fir de Versteesdemech an déi gutt Zesummenaarbecht, gradesou wéi natierlech der Madame Merges an der Madame Closener an dem Här Peping.

Här President, wat sinn elo déi Haaptneierungen, déi mat dësem Projet agefouert ginn? A wouranner besteet hir Plus-value respektiv wat sinn d'Ursaachen, firwat et zu dëse Changementer komm ass?

De virleienden Text huet, wéi uganks betount, d'Schafe vum IFEN als Objet. Et war déi viregt Regierung, déi d'Konventioun mat der Uni Lëtzebuerg, wat d'Formatioun vun den Enseignanten ugeet, gekënnegt huet. Den IFEN huet als Missioun, de Stage respektiv d'Formation continue vum Personal vun der Éducation nationale auszeschaffe respektiv ze evaluéieren. Ënner „Personal" sinn hei souwuel d'Enseignanten wéi awer och dat éducatiivt a psychosoziaalt Personal ze verstoen. An anere Wierder: am Prinzip all Intervenanten an eise Schoulen.

Mam IFEN gi mer eis déi néideg Struktur fir d'Ëmsetzung vun enger kohärenter a schlësseger Strategie a puncto Stage a Weiderbildung um Niveau vun der Éducation nationale. Andeems dës Domänen an eng Hand geluecht ginn, gëtt et méi einfach, d'Ziler vun deenen eenzelne Schrëtt openeen ofzestëmmen, fir esou e bessere Kader fir d'Aus- an d'Weiderbildung vum Personal vun der Éducation nationale ze erméiglechen.

Här President, déi berufflech Entwécklung vun engem Enseignant ëmfaasst, wann een dat kann esou soen, grosso modo dräi Etappen: Déi éischt Etapp besteet aus senger Ausbildung. Hei solle wa méiglech déi grondleeënd Viraussetzunge geschafe gi fir e gudde Start a säi Beruffsliewen. Eng zweet Etapp ass dann de Stage, deen éischte Kontakt mam Terrain, mam Klassesall, mam Schüler. Hei geet et drëm, den Iwwergang vun der Theorie an d'Praxis esou gutt wéi méiglech ze managen. Déi drëtt Etapp ass dann d'Weiderbildung, wou dem Enseignant seng Kompetenzen, déi hie sech am Laf vu sengem Beruff ugëeegent huet, sollen ausgebaut respektiv verbessert ginn.

De virleienden Text wëllt, wéi schonns ugedeit, de legale Kader setzen, fir dass dës dräi Beräicher, déi eigentlech ee Ganzt ausmaachen, esou kohärent wéi méiglech kënne gestalt ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zur Organisatioun vun dësem neien Institut: Den IFEN huet als Haaptmissioun d'Konzeptioun an d'Ëmsetzung souwuel vum Stage wéi och yun der Weiderbildung vum Personal an der Éducation nationale. Deemno ass et och net weider iwwerraschend, dass zwee Departementer innerhalb vum IFEN wäerte geschafe ginn, eent, wat sech mam Stage a sengen Ziler an Inhalter beschäftegt, an datselwecht nach eng Kéier fir d'Formation continue.

Opgrond vun der Diversitéit an deene verschiddene Grondausbildunge ginn innerhalb vum Departement vum Stage dräi verschidden Divisioune kreéiert: eng fir d'Enseignanten aus dem Fondamental, der Éditf an dem Centre de Logopédie; eng zweet fir d'Enseignanten aus dem Secondaire a Secondaire technique, gradesou wéi vun der Formation des adultes, an eng drëtt fir dat éducatiivt a psychosoziaalt Personal.

Här President, nieft der Kreatioun vum IFEN ass d'Reform vum Stage dat zweet Haaptelement vum virleienden Text. An den Dispositioune vum Gesetz vum 25. Mäerz 2015 iwwert de Statut vun de Statsbeamte gëtt d'Durée vum Stage vu bis elo zwee op dräi Joer eropgesat, dëst och am Hibléck op eng eenheetlech Behandlung vun allen zukünftege Statsbeamten.

D'Differenz tëschent dem Oflaf vum aktuelle Stage an där neier Prozedur ass dobäi esou grouss, dass de Stage u sech muss komplett nei organiséiert ginn. Fir déi zukünfteg Stagiairen am Secondaire bedeit dat zum Beispill, dass den Travail de candidature ofgeschaaft wäert ginn, genee wéi och de Statut vum Professeurcandidat.

Den Travail de candidature wäert an Zukunft an de Stage integréiert ginn, an zwar a Form vun engem Mémoire. An déi Kandidaten, déi de Stage gepackt hunn, wäerten an Zukunft och direkt à plein titre an hir Funktioune genannt ginn.

Déi nei Struktur vum Stage ass virun allem drop ausgeriicht, de Stagiairen eng méiglechst grouss Hëllefstellung an dräi Domänen ze ginn: um individuelle Plang, um berufflechen an um sozialen.

Wéi soll dës Hëllefstellung konkret ausgesinn an an der Praxis ëmgesat ginn? Mat Hëllef vu fënnef zentralen Elementer:

Éischtens, d'Begleedung, den „accompagnement": All Stagiaire kritt e Conseiller pédagogique zur Säit gestallt. Dës Persoun, an der Regel en erfuerenen Enseignant, soll dem Stagiaire mat Rot an Dot zur Säit stoen, an dat souwuel um perséinleche wéi och um berufflеche Plang. D'Zil vun dëser Begleedung besteet doranner, duerch den Austausch d'Erléiere vum Beruff ze promouvéieren.

Zweetens, en theoreteschen Deel - „apports théoriques" -, wou virun allem d'Kompetenzen an der Didaktik, dem Beherrsche vun der jeeweileger fachlecher Matière an dem Unterrechthale sollen développéiert ginn. Dëst soll mat der Hëllef vun der Participatioun u Seminären, Workshoppen oder iwwert d'Zurverfügungstelle vun deem entspriechenden didaktesche Material passéieren.

Drëttens, den Austausch ënnert de Stagiairë selwer, den „regroupement entre pairs". D'Zil vun dësem Element ass et, dass déi zukünfteg Enseignantë sech ënnerteneen austauschen, fir esou selwer Léisunge fir bestëmmte Situatiounen a Problemer ze fannen.

D'Visitte vum Stagiaire an anere Klassen, Cyclen oder Schoulgebaier, fir esou en Austausch ze hunn, dat ass dann de véierte Punkt, fir mat aneren Enseignantë kënnen d'Erfahrungen auszetauschen. „Hospitation" ass den entspriechende franséischen Term an der Praxis.

Fënneftens a schlussendlech, de sougenannten „programme d'insertion professionnelle", wou et drëms goe soll, fir eng strukturéiert Reflexioun iwwert den Ausbildungswee ze hunn. Dës individuell Reflexioun soll dann och d'Motivatioun vum zukünftegen Enseignant steigeren, fir sech am Verlaf vu senger weiderer berufflecher Carrière weiderzebilden.

Déi eenzel Komponente vum Stage kënnen individuell ugepasst ginn, jee nodeem, wéi eng Ausbildung de Stagiaire virum Stage gemaach huet. Et wäert an Zukunft also méiglech sinn, Parcoursen am Stage ze maachen, déi souwuel de Besoine vun deenen eenzelne Beruffskategorien ugepasst si wéi och dem Bagage, deen de Stagiaire scho matbréngt.

D'Responsabilitéiten, wat den Oflaf vum Stage ugeet, si folgendermoosse verdeelt: Den Direkter vum Institut ass zoustänneg fir d'Formation générale. Den Direkter vun der Schoul respektiv den Inspekter ass responsabel fir dee prakteschen Deel vun der Formatioun respektiv fir d'Aféierung vum Stagiaire an dat jeeweilegt Schoulgebai. Besonnesch Opmierksamkeet gëtt dorop geluecht, dass den theoreteschen an de prakteschen Deel enk openeen ofgestëmmt sinn. An aus deem Grond ginn d'Responsabilitéite fir de Stage, wéi elo grad beschriwwen, dann och opgedeelt tëschent dem IFEN, dem Direkter respektiv dem Inspekter.

Fir all weider Detailer zum Stage, de genauen Oflaf, d'Zuel vun de Stonnen an deenen eenzelnen Elementer erlaben ech mer, op de schréftleche Rapport ze verweisen.

Här President, gradesou wéi d'Gesellschaft a mat hir och d'Zesummesetzung vun der Schoulpopulatioun sech veränneren, esou verännere sech och am Laf vum Beruffsliewen d'Erausfuerderunge vun den Enseignanten. Dofir ass eng gutt Weiderbildung en onverzichtbart Element fir déi berufflech Weiderentwécklung vun all Enseignant. An aus deem Grond - an ech wäert net an den Detail goen - gëtt et och fir all d'Akteuren an der Éducation nationale eng entspriechend Obligatioun zu engem gewëssene Minimum u Stonnen an der Formation continue.

D'Formation continue kann op dräi Niveauen organiséiert ginn: um lokalen Niveau, wat am Prinzip engem Schoulgebai entsprécht, respektiv um regionalen Niveau, deen engem Arrondissement entsprécht. Déi Formatiounen, déi op dësem Niveau ugebuede ginn, solle sech am Prinzip un e bestëmmte Grupp vu Leit riichten, wéi zum Beispill eng Équipe pédagogique oder nach eng Équipe dirigeante vun engem Gebai. Um nationalen Niveau sollen da Formatiounen ugebuede ginn, déi sech individuell un all Member vum Personal aus der Éducation nationale riichte wäerten.

Esou ginn déi prioritär Domäne vun der Weiderbildung per groussherzoglecht Reglement definéiert. Dës Prioritéite kënne regelméisseg mat engem neie Règlement grand-ducal aktualiséiert ginn. D'Prioritéite solle virun allem der Demande vun der Schoul, also vun den Akteuren um Terrain, entspriechen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach e puer Prezisiounen zur Organisatioun vun de Coursen um IFEN. Et ass immens wichteg, dass d'Programmer vum Stage grad wéi déi vun der Formation continue en phase si mat der Orientatioun vun der nationaler Bildungspolitik. Dëst war dann och eent vun den Haaptargumenter, déi dozou gefouert hunn, dass déi entspriechend Konventioun mat der Uni Lëtzebuerg ënnert der viregter Regierung gekënnegt ginn ass.

Op Demande vum Institut kann den zoustännege Minister och op auslännesch a lëtzebuergesch Experte fir eenzel Coursë respektiv Formatiounen zréckgräifen. Den Institut kann och, mam Accord vum Minister, aner Leit a seng Coursen ophuelen. Dës mussen dann allerdéngs Frais d'inscription bezuelen.

Här President, ech kommen dann elo zum Avis vum Statsrot. Et ass jo bekanntlech éischter d'Regel wéi d'Ausnahm, dass quasi kee Gesetzestext d'Chamber esou verléisst, wéi en erakomm ass. Dass en Text d'Zuel vu sengen Artikelen awer méi wéi verduebelt, jo, quasi verdräifacht, dierft allerdéngs dach awer éischter d'Ausnahm sinn. Wann den ursprénglechen Text aus 43 Artikele bestanen huet, esou huet en der haut, an där Versioun, iwwert déi mer haut ofstëmmen, 119!

Dëse spektakuläre Sprong hänkt zu engem groussen Deel mam Avis vum Conseil d'État zesummen. Eng Haaptfro, déi laut dem Statsrot huet musse gekläert ginn, war déi, fir ze wëssen, wat fir eng Elementer ënnert d'Dispositioun vum Artikel 23 Abschnitt 3 vun eiser Verfassung falen. Dësen Artikel beseet nämlech ënner anerem: «La loi (...) règle pour le surplus tout ce qui est relatif à l'enseignement (...)».

Aus deem Grond huet de Statsrot gemengt, virum Hannergrond vun enger Opposition formelle, dass souwuel den Oflaf an d'Organisatioun vum Stage wéi och d'Formation continue misste per Gesetz geregelt ginn. Dëst huet dozou gefouert, dass de Contenu vun deenen entspriechende Règlements grand-ducaux quasi 1:1 an d'Gesetz agefloss ass, wat dann och zu der Verdräifachung vum Volume vun dësem Gesetz bäigedroen huet.

Inhaltlech huet de Statsrot sech ganz averstane gewise mat der Tatsaach, dass de Stage als Zil eng besser Integratioun vun de Stagiairen an d'Beruffsliewe soll hunn. Dëst wär, dem Statsrot no, opgrond vun der wuessender Komplexitéit vum Beruff eng méi wéi noutwendeg a sënnvoll Approche.

Wat d'Weiderbildung ugeet, esou huet de Statsrot eng Rei vu Prezisioune gefrot, notamment wat d'Modalitéiten ugeet, respektiv d'Périodicitéit vun der Offer. Des Weidere war de Conseil d'État der Meenung, dass déi prioritär Domäne vun der Formation continue grad ewéi och déi obligatoresch Coursë misste per Règlement grand-ducal geregelt ginn.

A puncto vun deem ursprénglech virgesinnene Conseil des programmes huet de Statsrot d'Fro opgeworf, wouranner d'Plus-value vun dësem Gremium géif bestoen, well, éischtens, quasi all seng Membere souwisou an hirer dagdeeglecher Aarbecht un der Ausschaffung vun de Programmer bedeelegt wieren, an zweetens, well nëmmen eng Reunioun pro Joer vun dësem Gremium virgesi war. D'Kommissioun huet sech den Argumenter vum Statsrot net verschloss an de Conseil des programmes aus dem Text gestrach.

Dëst sinn déi wichtegst Punkten aus dem Statsrot sengem éischten Avis. Den 10. Juli huet hien, wéi scho gesot, nach en Avis complémentaire ofginn. Hei huet et sech awer zum allergréissten Deel nëmmen ëm Erreurs matérielles gehandelt.

Wat déi zwee aner Avisen ugeet, déi nach zu dësem Projet erakomm sinn, dee vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an dee vun der IGSS, esou verweisen ech op de schréftleche Rapport.

Här President, dëst gesot, hoffen ech, dass dëse Projet, dee wierklech dozou bäidréit, dass mer d'Qualitéit vun eisem ganze Schoulsystem verbessere kënnen, eng grouss Zoustëmmung hei am Haus wäert fannen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt d'Madame Martine Hansen fir d'CSV.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den IFEN, den Institut de formation de l'éducation nationale, wäert an Zukunft eng déterminant Roll fir d'Qualitéit vun eisem Enseignement, fir d'Qualitéit vum Encadrement vun eise Kanner a Jugendlechen an de Schoule spillen. De Rapporteur, den Här Lex Delles, huet dat ganzt Gesetz a sengem mëndlechen, awer virun allem och a sengem schréftleche Rapport wierklech an allen Detailer beschriwwen, soudatt ech mech hei kann op eenzel Punkte beschränken. Dem Rapporteur e grousse Merci duerfir.

Duerch d'Reform vun der Fonction publique hunn och missen d'Stagen am Enseignement ugepasst ginn. Mat dësem Projet de loi ass probéiert ginn, eng eenheetlech Struktur an d'Stagen eranzebréngen, wat sécherlech ze begréissen ass. De Stage am Enseignement secondaire ass a leschter Zäit dacks kritiséiert ginn, e wär wäit vun der Realitéit fort, e wär vill ze vill theoretesch an net praxisno genuch an esou weider. Ob dëst sech elo ännert, kann een net direkt aus dem Gesetzestext erausliesen. Dat hänkt virun allem, wéi och schonns virdrun, ganz vill vun der praktescher Ëmsetzung vum Text of.

Datselwecht zielt fir de Stage vun den Enseignanten aus dem Fondamental, déi bis elo jo nach keen esou e Stage haten. Eng grouss Suerg vun dësen Enseignanten ass, ënner anerem, well si jo schonns ganz vill Pädagogik an Didaktik an hirer Éischtausbildung hunn, an dëst am Géigesaz zu den Enseignanten aus dem Secondaire, datt si zum Deel nach eng Kéier missten datselwecht maachen am Stage. Dëst muss op jidde Fall verhënnert ginn.

An ech sinn och frou, datt dëse Projet de loi virgesäit, datt déi theoretesch Formatioun opbaut op d'Éischtausbildung. An et ass weider ze begréissen, datt dësen Deel bei den Enseignanten aus dem Fondamental méi flexibel soll gehandhaabt ginn. Mä och hei hänkt villes vun der praktescher Ëmsetzung um Terrain of.

Am Kader vun der „démarche qualité"gesäit dëse Projet de loi och eng periodesch Evaluatioun vum Stage a vun der Weiderbildung vir. Als CSV begréisse mer esou eng Evaluatioun. A mir wëllen awer nach eemol drop hiweisen, datt déi muss onbedéngt regelméisseg a virun allem mat de Leit vum Terrain gemaach ginn. Et muss garantéiert ginn, datt souwuel de Stage wéi och d'Weiderbildung praxisno organiséiert ginn. Den IFEN a seng Leit wäerten also fir d'Zukunft eng grouss Verantwortung iwwerhuelen!

„Was Schüler lernen, bestimmt der einzelne Pädagoge. Auf den guten Lehrer kommt es an." Dat ass een Zitat vum John Hattie. A wann een a senger Veröffentlechung weiderliest, fir ze kucken, wat dann esou ee gudden Enseignant ass, well schliisslech kënnt et jo op deen un, da fënnt een Aussoe wéi: „classroom management", seng Klass am Gréff hunn, „teacher clarity", kloer Aussoe maachen, kloer Aufgabe ginn.

E gudden Enseignant muss säin Unterrecht och mam A vum Schüler gesinn. Hie muss systematesch Selbstzweifel fleegen. Hie muss eng Feedback-Kultur fleegen. Unterrecht ouni Respekt, ouni Wäertschätzung geet net. Léieren huet och eng emotional Säit. D'Leeschtung muss gefërdert ginn. Hie brauch e breede Repertoire vun Unterrechtsstiler an esou weider.

Awer och: „there are no magic-bullets", et gëtt keng pädagogesch Patentrezepter. Leider! Soss wär et relativ einfach, de Stage ze organiséieren; soss wär et relativ einfach, Enseignant ze sinn. Et ass awer keen einfache Beruff. Et ass awer ee vun de wichtegste Beruffer, déi mer hunn, fir eis Kanner, eis Jugendlech mat den néidege Kompetenzen ze wappnen, fir si esou gutt wéi méiglech op hiert zukünftegt Liewe virzebereeden. An ech zitéieren nach eemol den John Hattie: „Entscheidend ist der Lehrer, die Lehrerin."

Duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, muss d'Ausbildung, de Stage, d'Weiderbildung vun den Enseignanten, vun dem éducativen a psychosoziale Personal virrangeg si fir eis Politik, fir eis Bildungspolitik am Speziellen. Hei gëtt de Grondstee geluecht respektiv gefestegt. An duerfir, Dir Dammen an Dir Hären, muss esou e Projet de loi wéi dëse mat der néideger Seriositéit kënne behandelt ginn. Leider muss ech lech awer soen, datt mir, a mengen Aen, keng seriö parlamentaresch Aarbecht konnte maachen. An dat mécht mech, vläicht och well ech aus dem Schoulmilieu kommen, ëmsou méi onzefridden. Et huet mech zäitweis souguer richteg rose gemaach. A gleeft mer, ech ginn dat net ganz séier!

Eis legislativ Aarbecht hat ganz gutt ugefaangen. De 25. Februar an de 4. Mäerz, den Här Delles huet et gesot, krute mer mat Hëllef vun enger PowerPoint-Presentatioun den IFEN erkläert an eng Zesummefaassung vum Gesetz, dat den 30. Januar déposéiert gi war, gemaach. Ech wëll op dëser Plaz och nach eng Kéier dem Här Peping Merci soe fir seng Presentatioun, him a senge Leit, déi si eis gemaach hunn.

Et huet also alles gutt ugefaangen. Nom 4. Mäerz war et zimlech roueg. Iergendwann eemol ass an enger Kommissioun gesot ginn, datt Problemer wéinst dem Artikel 23 vun der Constitutioun géife bestoen. Den 22. Juni dunn huet de Conseil d'État säin Avis ginn, mat ganz villen Oppositions formelles. A gläichzäiteg mam Avis hat de Conseil d'État unhand vum ale Gesetz an de Règlements grand-ducaux, déi mir bis dohinner nach net haten, e komplett neit Gesetz geschriwwen. Den Här Delles huet et gesot, aus 43 Artikele sinn der 121 ginn!

Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi mer herno geschafft hunn, dat ass a mengen Ae schonns bal e legislativen Desaster an, wann ech an der Schoulsprooch bleiwen, enger Datz wäert.

(Interruptions diverses)

Esou e wichtegt Gesetz,...

(Brouhaha)

...an ech soen et nach eemol, muss kënne seriö, am Detail a verantwortungsvoll duerchgekuckt ginn. Esou ee Gesetz däerf net iwwert de Knéi gebrach ginn!

Une voix.- Ganz richteg!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Dir Dammen an Dir Hären,...

(Interruptions diverses)

...ech kann lech soen, ech hunn et am Detail gekuckt.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift! Just d'Madame Hansen huet d'Wuert am Moment.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Ech hunn et am Detail gekuckt, ech hunn et och e puermol duerchgekuckt. An all Kéiers si mer nach Feeler opgefall. Ass dat normal? A mengen Aen net! Et kann net sinn, datt, wann d'CSV dëst Gesetz net esou am Detail gekuckt gehat hätt, datt mer dann elo sécher iwwer e Gesetz hei géifen ofstëmmen, wou nach Feeler dra wären!

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Do waren zum Beispill Verweiser op Artikelen, déi komplett donieft waren. Den Inspekter stoung am Text, wou et ëm de Secondaire gaangen ass. Do huet en awer näischt ze sichen! An esou weider.

Nieft dëse Feeler, Dommheeten, sinn eis och nach eng Partie Ongereimtheeten opgefall. Ech ginn elo net méi drop an, vläicht herno nach op eenzelner. An dëst alles nëmmen, well den IFEN elo séier muss duerchgeboxt ginn!

(Interruption)

Ech wollt just soen, datt mer den Éducationsministère déi leschte Kéier nach net haten!

Plusieurs voix.- Scho laang net méi!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Scho laang net méi. Scho laang net méi!

(Interruptions diverses)

A mir hate souwuel fir d'Feeler wéi fir d'Ongereimtheeten eng Rei vun Amendementer proposéiert. Mä, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann lech awer och net garantéieren, datt mer alleguer d'Feeler an dëser kuerzer Zäit fonnt hunn. Wahrscheinlech sinn der elo och nach ëmmer dran. An dat kann net sinn!

Wär et dann net méi responsabel gewiescht, soubal wéi gewosst war - an dat konnte mir sécher net, déi lescht Regierung, schonns alles wëssen -, soubal wéi gewosst war, datt dëst Gesetz esou an Zäitdrock kéim, mat der Uni emol nach provisoresch ze schwätzen, fir d'Konventioun ëm ee Joer ze verlängeren?

Den Drock kënnt jo virun allem doduerch, datt dës Konventioun op de Januar 2015 - ech weess, scho méi laang -, opgeléist ginn ass an datt elo de Stage vun den Enseignanten aus dem Secondaire ab der Rentrée muss iwwert den IFEN organiséiert ginn. An deem Fall hätte mer elo Zäit, fir eng anstänneg parlamentaresch Aarbecht ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun der Saach hier si mer net mat deem ganzen Text averstanen, esou wéi en elo proposéiert gëtt. Mir hunn also och inhaltlech Amendementer gemaach. Ech wäert herno nach op eenzelner agoen.

Wann dann awer den Här Minister eis virwerft, mir kéimen ze spéit mat eisen Amendementer, da geet mer respektiv géif mer, wann ech een un hätt, den Hutt an d'Luucht goen. Wéini hätte mer sollen d'Amendementer maachen? Dëse komplett neie Projet de loi war eréischt den 22. Juni do. Et waren 121 Artikelen! A mir hunn en duerchgelies a mir hu Froe gestallt. D'Sitzunge vum 24. a 26. Juni waren am Prinzip, nieft den Erklärunge vum Här Peping, e Fro-an-Antwert-Spill tëschent dem Här Peping an der CSV. Mir hunn eis Aarbecht seriö gemaach!

Amendementer kënnen nëmme gemaach ginn, wann, éischtens emol, de Projet de loi bekannt ass, dat war den 22. Juni, an zweetens, d'Froe gekläert sinn, dat war de 24. a 26. Juni. Ech kann deen do Virworf net akzeptéieren.

An ech froen dann nach eemol: Wéini hätte mer dann d'Amendementer solle maachen? Hätte mer d'Amendementer solle maachen, schonns ier d'Gesetz do war? Mir kënnen zwar vill als CSV, mä an d'Glaskugel kucken an da wëssen, wat kënnt, kënne mer awer nach net!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Wann dat do elo dat üüblecht Spill tëschent Majoritéit an Oppositioun ass, da muss ech soen, dann ass dat en Trauerspill. Hei soll et ëm d'Saach goen!

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Wahrscheinlech wëllen awer d'Majoritéitsparteie keng konstruktiv Mataarbecht vun der Oppositioun. Mä da solle si dat soen an net an hire Bilanspressekonferenze soen, d'CSV géif keng Virschléi maachen.

Als CSV hu mer eng aner Aarbechtsmoral. Ech sot et schonns eemol hei an der Chamber: Mir sëtzen net hei, fir näischt ze maachen. Mir sëtzen net hei, fir ganz Einfacher ze sinn, mä mir sëtzen hei, fir ze schaffen, an an dësem Fall am Sënn vum Enseignement.

Här President, ier ech op eenzel Punkte vum Gesetz aginn, wëll ech kuerz eemol separat op de Fondamental agoen. D'hierarchesch Persoun vum Stagiaire am Fondamental ass den Inspekter. Hien ass verantwortlech, ech zitéieren, fir den «bon déroulement de la formation à la pratique professionnelle», dat heescht fir dat, wat am Kader vum Stage an der Schoul ofleeft. Am Gebai selwer begleet e Conseiller pédagogique de Stagiaire.

Als CSV si mer der Meenung, dat stoung och an eisem Wahlprogramm, datt d'Schoulleedung am Fondamental misst professionaliséiert ginn. D'DP an och déi gréng haten an hirem Wahlprogramm och fir e Schouldirekter respektiv fir eng haaptamtlech Schouldirektioun sech ausgeschwat. Och am Regierungsprogramm steet, ech zitéieren: «Des études internationales révèlent que la direction de l'école joue un rôle important dans le développement de la qualité des écoles. Afin de contribuer à la réussite de la réforme engagée en 2009, le Gouvernement s'attachera à améliorer l'administration et l'organisation dans les écoles.»

Als CSV si mer dovunner iwwerzeegt, datt eng Professionaliséierung vun der Schoulleedung och fir de Stage vun eise Stagiairen hëllefräich a sënnvoll wär. Mat dësem Gesetz iwwert den IFEN kritt den Inspekter elo zousätzlech Verantwortung an domadder verbonnen natierlech och zousätzlech Aarbecht.

Op där anerer Säit hu mer awer d'Leit um Terrain. Mir hunn de Schoulpresident, d'Schoulpresidentin direkt an de Schoulen, no beim Stagiaire. Awer hien oder si hunn am Prinzip näischt ze soen, si ginn emol net gewuer, ob de Stagiaire seng Exame packt oder net. An deem Sënn déposéieren ech hei am Numm vun der CSV eng Motioun, wou mer d'Regierung invitéieren, fir d'Schouldirektioun am Fondamental ze professionaliséieren, fir eng Tâchëbeschreiwung vun der Schouldirektioun ze erstellen a fir e Profil mat den néidege Qualifikatioune fir esou e Posten ze etabléieren. Wann ech gelift.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant qu'au niveau de l'enseignement fondamental, un stage de trois ans sera introduit pour tous les instituteurs et qui sera organisé par l'Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN);

- considérant que l'inspecteur de l'enseignement fondamental est le supérieur hiérarchique du stagiaire et qu'il est également responsable, dans le cadre du stage, du bon déroulement de la formation à la pratique professionnelle des stagiaires enseignants;

- considérant qu'un tel accompagnement du stagiaire constitue une grande responsabilité pour l'inspecteur et représente une charge de travail supplémentaire;

- considérant qu'une collaboration ou coresponsabilité entre l'inspecteur et une personne de responsabilité du terrain permettrait de libérer/décharger l'inspecteur d'une partie de ces devoirs, mais surtout de parfaire l'accompagnement du stagiaire;

- considérant que selon l'actuelle organisation de l'enseignement fondamental, seul le président du comité d'école pourrait assumer une telle coresponsabilité;

- constatant pourtant qu'au fil des années, les missions du président du comité d'école se sont multipliées et sont devenues plus complexes;

- considérant le programme gouvernemental de 2013, selon lequel «Des études internationales révèlent que la direction de l'école joue un rôle important dans le développement de la qualité des écoles. Afin de contribuer à la réussite de la réforme engagée en 2009, le Gouvernement s'attachera à améliorer l'administration et l'organisation dans les écoles.»;

- considérant de manière générale qu'il est temps de doter tous les établissements scolaires d'une réelle organisation hiérarchique interne;

- considérant qu'il est temps de mettre en place une direction d'école au niveau de l'enseignement fondamental afin de garantir une gestion plus efficace de l'école et d'assurer un encadrement intensif et de qualité de l'ensemble de la communauté scolaire;

invite le Gouvernement

- à professionnaliser la fonction directive des écoles fondamentales;

- à rédiger une description possible de tâches et de fonctions d'une direction d'école;

- à élaborer le profil requis au niveau des qualifications pour un tel poste.

(s.) Martine Hansen, Emile Eicher, Léon Gloden, Claude Wiseler, Laurent Zeimet.

(Interruption par M. Eugène Berger)

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Wat gelift?

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President, ech wollt just soen, esou wäit ech weess, ass am Fondamental...

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Fir d'Direktioun... Et kann ëmmer eng Direktioun... De Président du comité d'école ass am Prinzip am Moment d'Direktioun a mir géifen dat gäre professionaliséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kapitel 2 vun dësem Projet de loi behandelt d'Sektioun 2 d'Ziler vum Stage an d'Affektatioun. Ech zitéieren den Artikel 12 Paragraf (3): «Le stagiaire visé à l'article 6», dat sinn d'Enseignanten aus dem Secondaire, «affecté à un établissement scolaire n'offrant que la division inférieure de l'enseignement secondaire, ou n'offrant que le cycle inférieur de l'enseignement secondaire technique, ou n'offrant que le cycle moyen ou supérieur de l'enseignement secondaire technique dans la (les) spécialité(s) du stagiaire, est affecté en deuxième et troisième année à deux établissements scolaires.»

Dir Dammen an Dir Hären, wat heescht dat genau? Wann also e Stagiaire an engem Schoulgebai ass am éischte Joer, wou et nëmmen de Cycle inférieur vum Secondaire oder Secondaire technique gëtt, oder wann en an engem Schoulgebai ass, wou et nëmmen de Cycle moyen a supérieur vum Secondaire technique gëtt, da muss en am zweeten an am drëtte Joer an en zweet Gebai goen. Dat ass dat, wat am Text steet. Mä wou, dat ass egal, well et ass net hei preziséiert. Dat ka jo awer net sinn!

Ech ginn dovunner aus, datt dat net esou gewollt war. Ech ginn emol dovunner aus, datt de Stagiaire misst an e Gebai goen, wou dat ugebuede gëtt, wat am éischte Gebai nach feelt. Dat steet awer net esou am Text. Dat misst een dann awer nach preziséieren.

Also d'CSV ass, éischtens, der Meenung, datt dëse Paragraf esou guer näischt ausseet. An zweetens si mer och net averstane mat der Iddi, déi wahrscheinlech sollt mat dësem Paragraf ausgedréckt ginn, nämlech datt an Zukunft en Enseignant net méi muss an deenen

zwee Ordres d'enseignement Schoul halen. Dëst betrëfft jo virun allem d'Enseignanten aus dem Enseignement général.

An et ass net gutt, Dir Dammen an Dir Hären, datt dës Enseignanten, wa si vun Ufank un am Secondaire sinn, och do bleiwen. Et gëtt grouss Ënnerscheeder tëschent de Schüler, awer och tëschent de Programmer an den Evaluatiounen. Den Här Minister Meisch sot zwar an der Kommissiounssëtzung, datt et keng esou grouss Ënnerscheeder géife ginn, zum Beispill am Franséischen, tëschent dem Enseignement secondaire an dem Enseignement secondaire technique.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt enorm Ënnerscheeder tëschent engem Franséischcours am Classique an engem Franséischcours an der Beruffsausbildung, wou et ëm Kompetenzvermëttlung a Kompetenzbewäertung geet. Wa mer dësen Text esou stoe loossen, da kënne mer net méi garantéieren, datt eis Enseignanten a béiden Ordres d'enseignement asetzbar sinn. Dëst ass awer noutwendeg.

Ech beschreiwen lech eng Kéier kuerz dee klassesche Wee vun engem Proff aus dem Enseignement général. Hie kënnt meeschtens vun enger Première aus dem Classique. Hie mellt sech dann och meeschtens, wann e vun der Uni erëmkënnt, als Chargé, meeschtens a säi Classique, vläicht an en aneren. Hie kënnt dann och do an de Stage an hie bleift am Lycée classique. Wie mellt sech dann herno nach an den Technique? Wéi gëtt d'Selektioun gemaach?

Dir Dammen an Dir Hären, et ass absolutt noutwendeg, datt eis Enseignanten déi zwee Ordres d'enseignement kenneléieren. Virun allem och am Technique brauche mer exzellent Enseignanten.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Eis Enseignantë musse kënne flexibel asetzbar sinn. A si mussen hir Schüler och richteg orientéiere kënnen. An duerfir musse si déi zwee Ordres d'enseignement kennen. An deem Sënn hu mer als CSV en Amendement zu dësem Artikel an der Chamberskommissioun déposéiert. Leider ass en, wéi all déi aner och, vun de Majoritéitsdeputéierte refuséiert ginn.

Här President, ech sinn awer dovunner iwwerzeegt, datt et net gutt wär, wann d'Enseignanten net déi zwee Ordres d'enseignement géife kenneléieren. Souvill ech weess, war dat och majoritär d'Meenung vun de Schouldirekteren. Duerfir déposéieren ech dësen Amendement och haut nach eemol hei an der Chamber. Wann ech gelift.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci.

Amendement 1 concernant le projet de loi 6773

Amendement I

Chapitre 2 - Le stage des stagiaires-fonctionnaires.

Section 2 - Objectifs du stage et affectation

Article 12

Le paragraphe (3) de l'article 12 est modifié comme suit:

Le stagiaire visé à l'article 6 ~~affecté à un établissement scolaire n'offrant que la division inférieure de l'enseignement secondaire, ou n'offrant que le cycle inférieur de l'enseignement secondaire technique, ou n'offrant que le cycle moyen ou supérieur de l'enseignement secondaire technique dans la (les) spécialité(s) du stagiaire,~~ est chargé d'une tâche d'enseignement dans les deux ordres d'enseignements postprimaires, ainsi que dans le cycle inférieur et moyen-supérieur pour autant que sa (ses) spécialité(s) y est (sont) enseignée(s).

Le stagiaire qui est affecté en première année de stage à un établissement scolaire offrant ou bien uniquement le cycle inférieur ou bien uniquement le cycle moyen-supérieur, respectivement n'offrant qu'un ordre d'enseignement, est affecté en deuxième et troisième année de stage à un deuxième établissement scolaire offrant le cycle de l'enseignement secondaire respectivement l'ordre d'enseignement complétant sa tâche d'enseignement.

Il bénéficie en deuxième année de stage d'un accompagnement ~~réduit~~ dans le deuxième établissement. Le conseiller pédagogique de ce deuxième établissement bénéficie d'une décharge fixée par règlement grand-ducal.

Commentaire:

Sachant qu'il existe des différences substantielles entre les cycles ainsi qu'entre les ordres d'enseignement, il est important pour la future carrière du stagiaire d'avoir acquis une expérience d'enseignement dans les différents cycles et ordres d'enseignement. Il est proposé d'amender dans un même sens les articles 18 (1), 36 et 50 (3).

1.

Chapitre 2 - Le stage des stagiaires-fonctionnaires.

Section 4 - Intervenants

Article 18

Le paragraphe (1) de l'article 18 est complété comme suit:

Le conseiller pédagogique est proposé par le directeur d'établissement, ou par l'inspecteur parmi les fonctionnaires se situant au moins dans la même catégorie de traitement que celle du stagiaire.

Il doit se prévaloir d'au moins deux années de service à partir de sa nomination à la fonction.

Le conseiller pédagogique des enseignants-stagiaires visés aux articles 5, 6 et 7 est nommé par le ministre pour le 15 septembre de la première année de stage du stagiaire.

En cas d'une affectation du stagiaire visé à l'article 6 dans un deuxième établissement, un conseiller pédagogique supplémentaire est nommé par le ministre pour le 15 septembre de la deuxième année de stage du stagiaire.

Le conseiller pédagogique des stagiaires visés à l'article 8 est nommé par le ministre à l'entrée en service du stagiaire.

Le conseiller pédagogique est nommé pour la durée du stage du stagiaire qu'il accompagne.

2.

Chapitre 2 - Le stage des stagiaires-fonctionnaires.

Section 9 - Structure du stage: la formation à la pratique professionnelle

Article 36 est modifié comme suit:

En première et en deuxième année de stage, le stagiaire bénéficie d'un accompagnement par un conseiller pédagogique ~~au sein de son~~ dans chaque établissement où le stagiaire est affecté et, le cas échéant, par un conseiller didactique.

3.

Chapitre 2 - Le stage des stagiaires-fonctionnaires.

Section 14 - Organisation de l'évaluation du stage des stagiaires visés à l'article 6.

Article 50

Le paragraphe (3) de l'article 50 est modifié comme suit:

(3) Le bilan de fin ~~de formation à la pratique professionnelle~~ de stage est coté sur 20 points et porte sur l'évaluation:

de la préparation de deux séquences de six leçons consécutives pour deux classes dans les deux ordres d'enseignement et cycles d'apprentissage pour lesquelles le stagiaire est chargé d'une tâche d'enseignement;

de deux leçons effectuées dans le cadre de ces deux séquences en présence de la commission du bilan de fin ~~de formation à la pratique professionnelle~~ de stage telle que définie ci-dessous;

de deux productions d'élèves conçues, corrigées et commentées par le stagiaire dans chacune des deux séquences;

d'un entretien entre le stagiaire et la commission du bilan de fin ~~de formation à la pratique professionnelle~~ de stage, qui porte sur les éléments précités et sur le développement professionnel du stagiaire. Cet entretien s'appuie sur le portfolio du stagiaire.

(s.) Martine Hansen, Diane Adehm, Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Et geet ëm den Artikel 12, ech hat elo grad zitéiert, wat drasteet. Mir géife proposéieren, deen esou ze änneren, datt mer soen: «Le stagiaire visé à l'article 6 est chargé d'une tâche d'enseignement dans les deux ordres d'enseignements postprimaires, ainsi que dans le cycle inférieur et moyen-supérieur pour autant que sa (ses) spécialité(s) y est (sont) enseignée(s). Le stagiaire qui est affecté en première année de stage à un établissement scolaire offrant ou bien uniquement le cycle inférieur ou bien uniquement le cycle moyen-supérieur, respectivement n'offrant qu'un ordre d'enseignement, est affecté en deuxième et troisième année de stage à un deuxième établissement scolaire offrant le cycle de l'enseignement secondaire respectivement l'ordre d'enseignement complétant sa tâche d'enseignement.»

An deemselwechten Artikel stoung dran, datt an deem zweete Gebai, falls et dann noutwendeg wär, en Accompagnement réduit géif gemaach ginn. Mir sträichen do den «réduit». A mir missten an deem Sënn och nach den Artikel 18 ëmänneren, wou et ëm d'Intervenantë geet. Dee géife mer complétéieren an derbäischreiwen: «En cas d'une affectation du stagiaire visé à l'article 6 dans un deuxième établissement, un conseiller pédagogique supplémentaire est nommé par le ministre pour le 15 septembre de la deuxième année de stage du stagiaire.»

Datselwecht fir den Artikel 36, wou et ëm d'Structure vum Stage geet. Dee misste mer ëmänneren: «En première et en deuxième année de stage, le stagiaire bénéficie d'un accompagnement par un conseiller pédagogique», do stoung dran: «au sein de son établissement», dat géife mer änneren: «dans chaque établissement où le stagiaire est affecté».

An dann nach e leschten Artikel, deen an dësem Sënn misst geännert ginn, do geet et ëm den «bilan de fin de formation à la pratique professionnelle», den Artikel 50. Mir haten och do proposéiert, fir dee Bilan just «bilan de fin de stage» ze nennen, well e bei all deenen aneren och esou genannt gëtt. Do steet dran, datt u sech de Proff eng Preparatioun vun «deux séquences» vu sechs Stonne muss maachen. A mir wëlle preziséieren, datt se dat musse maachen «dans les deux ordres d'enseignement et cycles d'apprentissage».

D'Sektioun 4 beschreift dann d'Intervenantë vum Stage. Nei am Stage gëtt mat dësem Projet de loi de Coordinateur de stage agefouert an all Établissement d'enseignement secondaire, wou op d'mannst ee Stagiaire am Gebai ass. Well och dësen Artikel, et ass den Artikel 17, net ganz kloer definéiert ass - hie preziséiert net, ëm wéi e Personal et sech aus de Secondairesgebaier handelt -, hat ech gefrot, ob dëse Coordinateur och fir dat éducatiivt an d'psychosoziaalt Personal zoustänneg wär. Däers gëtt et jo schliisslech och an de Secondairesgebaier. Doropshi krut ech gesot: „Dat schéngt esou ze sinn", respektiv, „Déi sinn net auszeschléissen." Esou steet et och am Rapport.

Ech hu mer d'Gesetz, wéi ech mech elo preparéiert hunn, awer nach eemol duerchgekuckt an ech hunn am Artikel 39 gesinn, datt beim psycho-éducative Personal am Géigesaz zu den Enseignanten de Coordinateur de stage net erwähnt gëtt. Ass dee Coordinateur de stage dann awer net fir si zoustänneg? Da misst dat preziséiert ginn. Dëst ass alt erëm e Beispill fir d'Onkloerheet, e klengt Beispill fir d'Gewulls.

Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn elo net méi op d'Tâche vum Stagiaire an. Och hei hate mer zwee Amendementer gemaach, fir den Text méi kloer ze formuléieren, fir Mëssverständnisser an onnéideg Diskussiounen ze verhënneren, mä och déi si vun de Majoritéitsparteie refuséiert ginn.

Awer op d'Evaluatioun vum Stagiaire, e kruziale Punkt an dësem Projet de loi, e wichtege Punkt fir all Stagiaire, awer och fir eisen Enseignement, wëll ech nach eng Kéier kuerz agoen. Eng Evaluatioun muss ëmmer, egal wéi, praxisno sinn. Et muss gepréift ginn, an dësem Fall, wat den Enseignant muss kënnen: Hie muss verschidden Unterrechtsstiler flexibel kënnen asetzen. Hie muss interessant Coursë kënne virbereeden, hie muss korrekt fachlech Ënnerlage kënnen ausschaffen, hie muss mat der Heterogenitéit kënnen ëmgoen an esou weider an esou weider.

Mä hie muss och d'Schüler kënnen evaluéieren. Hie muss kënnen hir Kompetenzen evaluéieren. An da kann et net sinn, datt bei der Evaluatioun vum Enseignant am Fondamental, bei der Evaluatioun vum Enseignant am Préparatoire ni - ech betounen: ni! - kontrolléiert gëtt, ob en eng Evaluatioun vum Schüler senge Kompetenze ka maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass jo awer elementar a gehéiert zum Basisgeschäft vun der Joffer a vum Schoulmeeschter! Mir orientéieren och dono. D'Elteren, d'Kanner hunn e Recht drop, datt den Enseignant d'Kompetenze kann evaluéieren.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Och dat hat ech an der Kommissioun gefrot. Du war et eng Zäitche roueg an duerno ass du gesot ginn: „Dat kann ee jo vläicht am Gespréich maachen, wat souwisou muss mam Enseignant gefouert ginn."

Dir Dammen an Dir Hären, dat geet net! Eng Evaluatioun maachen, heescht, Tester virbereeden, evaluéieren, bewäerten an dem Schüler e Feedback ginn. An et kann net sinn, datt esou eppes hei am Text vergiess gëtt an datt sech ni Zäit geholl gëtt, fir dat ze redresséieren.

Et stelle sech awer nach Froen zu dësem Artikel. Et si virun allem d'Artikele 47 an 51 vum Gesetz. De Bilan de fin de stage besteet, ech hunn et elo grad gesot, net aus enger Evaluatioun vun de Kompetenze vun de Schüler, déi gëtt net gekuckt, mä aus enger «observation de classe du stagiaire dans une classe pour laquelle le stagiaire est chargé d'une tâche d'enseignement». Dat ass kloer. Deen zweete Punkt: «d'une évaluation de préparations de cours». Wat heescht «d'une évaluation de préparations», mat „s", «de cours»? Wéi eng Coursen? Wéi vill Coursen? Wéi vill Virbereedungen? Am Enseignement secondaire ass dat ganz genau definéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou onkloer Formuléierunge sinn op jidde Fall contraire zum Prinzip vun der Transparenz a schafe Mësstrauen. An däers hu mer, mengen ech, am Moment schonns genuch.

Och iwwert d'Gewiichtung vun den eenzelnen Épreuvë léisst sech diskutéieren. Fir eis als CSV ass et wichteg, ech hunn et schonns gesot, datt d'Evaluatioun vum Stagiaire praxisno ass. Op d'Schoulhalen, op d'Praxis muss am Stage de Schwéierpunkt geluecht ginn.

Firwat gëtt da beim Enseignant am Fondamental zum Beispill de Mémoire, dee laut dem Här Minister nëmme soll 15 bis 20 Säiten ëmfaassen, firwat gëtt deen da genausou héich bewäert wéi dee ganze Bilan de fin de stage, wou et ëm de prakteschen Unterrecht geet, wou et ëm d'praktescht Schoulhale geet?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech zum Schluss vu menger Interventioun kommen, wëll ech nach kuerz op d'Employéen agoen, well och si ginn an dësem Projet de loi behandelt. Mir hunn déi a mir wäerten an nächster Zäit nach vill Employéen, Chargéen an eise Schoulen hunn. Leider, kann een do soen. Mä leider wäert dat sech och an Zukunft nach net direkt änneren. A wa mer dat wëssen - a mir wëssen et - a wa mer gären d'Qualitéit am Enseignement verbesseren, da musse mer och dëse Leit en anstännegen Encadrement garantéieren, well si hunn déiselwecht Aufgaben ze erfëlle wéi d'Fonctionnairesenseignanten.

Dëse Projet de loi gesäit elo eng Personne de référence vir, déi den Employé aféiert an d'Gebai, déi en aféiert a seng Tâchen a Missiounen, déi en assistéiert, déi e betreit, déi e guidéiert. Dat héiert sech ganz gutt un, mä dës Personne de référence soll dat alles gratis maachen.

Mengt Der wierklech, Dir géift Fräiwëlleger fannen, déi sech mat vollem Asaz a Begeeschterung géifen drëm rappen oder vläicht och nëmme mellen, fir dës Tâche ze iwwerhuelen? Wa se datselwecht maache bei engem Stagiaire-fonctionnaire, da kréie se eng Décharge!

An der Kommissiounssëtzung krute mer erkläert, datt tatsächlech géif de Risiko vun engem schlechten Encadrement bestoen, datt deen zimlech vum gudde Wëlle vun de Leit géif ofhänken an datt doweinst de Regroupement entre pairs géif ersat ginn duerch e Regroupement réflexif, deen da vum Formateur géif organiséiert ginn.

Mä Dir Dammen an Dir Hären, mir brauchen en Encadrement um Terrain! A wa mer soen, an als CSV soe mer dat, datt et wichteg ass, datt och de Chargé Schoul ze hale léiert, evaluéiere léiert, da musse mer eis och dat e bëssen eppes kaschte loossen.

Duerfir hu mer an dësem Sënn en Amendement gemaach, deen ech haut nach eemol wëll an der Chamber déposéieren, deen an eiser Kommissiounssëtzung och refuséiert gi war.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci.

Amendement 2 concernant le projet de loi 6773

Amendement II

Chapitre 3 - Cycle de formation de début de carrière des employés de l'éducation nationale.

Section 4 - Intervenants

Article 73 est complété comme suit:

(5) La personne de référence qui accompagne des employés visés à l'article 66 bénéficie d'une décharge qui est déterminée par règlement grand-ducal.

Commentaire:

L'encadrement jouant un rôle essentiel à tous les niveaux, il nous semble pertinent que la personne de référence qui encadre les employés visés à l'article 66 puisse bénéficier d'une décharge. Il est proposé d'ajouter à l'article 73 un paragraphe (5) nouveau qui prévoit une telle décharge.

(s.) Martine Hansen, Diane Adehm, Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Hei handelt et sech ëm den Artikel 73, dee mer einfach ëm dee Paragraf (5) géife complétéieren: «La personne de référence qui accompagne des employés visés à l'article 66 bénéficie d'une décharge qui est déterminée par règlement grand-ducal.»

Här President, ech sinn nëmmen op eenzel Punkten agaangen, mä zesummefaassend soen

ech nach eng Kéier: Dëst Gesetz ass ze wichteg, fir et iwwert de Knéi ze briechen. An ech soen och nach eng Kéier: „Entscheidend ist der Lehrer." An duerfir, wéinst der Onméiglechkeet, fir eng seriö parlamentaresch Aarbecht kënnen ze maachen, wéinst dem Ofwimmele vun eisen Amendementer a virun allem awer wéinst den inhaltleche Punkten, wou mer net averstane sinn, stëmme mer als CSV géint de Projet de loi 6773.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madame Hansen. An d'Wuert huet elo direkt den Här Gilles Baum, wann en net méi ofgelenkt gëtt.

Une voix.- Et war de Rapporteur.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Vum Rapporteur.

M. Gilles Baum *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dobaussen herrscht eng gewëssen Onrou wéinst dem Schafe vum IFEN, woufir ech mengen, dass et un der Zäit ass, fir awer emol e puer Saache kloerzestellen: Éischtens, et geet net ëm d'Aféierung vun engem „enseignant unique", wéi dat behaapt gëtt. Et geet och net drëm, fir d'Carrièrë vun de Schoulmeeschteren a vun de Professere gläichzesetzen. An ech si sécher, dass den Här Minister a senger Interventioun dorobber wäert zréckkommen.

Zweetens, et geet hei och net ëm de Statut. Et geet net ëm d'Paien an et geet net ëm d'Tâche vun den Enseignanten. Dat Eenzegt, wat änert, niewent dem Inhalt vum Stage, dat ass d'Ausdehnung vun zwee op dräi Joer. An den Ursprong dovunner, dee läit net an dësem Gesetz, mä dee läit an der Reform vun der Fonction publique, déi mer virun e puer Méint gestëmmt hunn.

Drëttens, et ass och net richteg, dass d'Gewerkschaften dëse Projet de loi net ze gesi kruten. Hiren Avis gouf an deene sëlleche Règlement-grand-ducallen ageholl an hir Remarquë sinn zu engem groussen Deel agefloss. An dës Reglementer sinn eent zu eent an de Projet erakomm, an dat, wéi de Rapporteur Lex Delles et scho gesot huet, aus verfassungstechneschen Ursaachen.

Ech ginn awer d'Gefill net lass, wéi wann alles, awer och alles, wat aus dem Éducatiounsministère kënnt, vu vireran als schlecht ugesi gëtt. Egal, wat den Här Minister seet, egal, wat den Här Minister mécht, et gëtt einfach emol monter droplasskritiséiert.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Baum *(DP).*- Dat ass net dat, wat mir am Moment brauchen. Mir brauche Rou, mir brauche Serenitéit, fir och kritesch kënnen un d'Dossieren erunzegoen, déi eis Schoul no vir bréngen.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Baum *(DP).*- Dass dëse Projet eng ganz Rei vu Verbesserunge mat sech bréngt, grad fir déi jonk an onerfueren Enseignanten, dat gëtt hei bewosst oder onbewosst vu verschiddene Leit ënnert den Teppech gekiert.

Et ass virdrun och zu enger Rei Kriticke vun de Kolleege vun der CSV komm. An ech muss Iech soen: Mir musse mat dësem Projet de 15. September ukommen. D'Konventioun op der Uni, wat d'Formatioun vun den Erwuessenen ugeet, ass schonn 2012 gekënnegt ginn an d'Reglement-grand-ducalle louchen ab dem 30. hei an der Chamber.

An ech muss Iech e Luef ausschwätzen, Madame Hansen, well Dir wierklech bewisen hutt, dass Der Iech ganz gutt a ganz vill an dëse Projet de loi ageschafft hutt. Mä Dir musst awer och verstoen, dass, wann een de 15. September muss ukommen, een net nach kann Amendementer unhuelen, déi dann awer alles géife verzögeren, an dass mer net géifen ukommen, obschonns mer d'Konventiounen op der Uni ofgeschloss hunn (veuillez lire: d'Konventioune mat der Uni gekënnegt hunn).

D'Haaptzil vum virleienden Text besteet doranner, d'Aus- an d'Weiderbildung vum Personal aus der Éducation nationale ze reforméieren, méi kohärent a méi praxisno ze gestalten. Ech mengen, an doriwwer si mer eis alleguer eens, dass dat e wichtegt a sënnvollt Zil ass. Mat der Schafung vum IFEN kënne mer also e grousse Schratt a Richtung Verbesserung vun der Qualitéit vum Unterrecht an eise Schoule maachen. An et ass dat, wourëms et sech eigentlech handelt, nämlech ze probéieren, dee beschtméiglechen Unterrecht fir eis Kanner op d'Been ze setzen.

Dat fänkt u mam Enseignant, dat fänkt u mat den Infrastrukturen an dem Léiermaterial, an et hält net zulescht mat der individueller Férderung vum eenzelne Schüler op. Dëst alles sinn d'Zännrieder, déi aneneegräifen. A wann eent dovunner méi schwaach ass wéi en anert oder wann eent net matdréit, da riskéiert dee ganze Prozess un d'Stocken ze kommen.

Wie geet scho gären an eng al an an eng futtis Schoul? Wie schafft scho gären, egal ob Enseignant oder Schüler, mat Bicher, deenen hire Contenu iwwerholl ass?

Här President, firwat leet d'Regierung, a besonnesch d'Demokratesch Partei, esou vill Wäert op eng gutt Aus- a Weiderbildung vum Personal an eise Schoulen?

Vill international Etüden hunn an de leschte Jore bewisen, dass et den Enseignant ass, dee maassgebend ass an dee maassgebend zum Léiererfolleg vun de Schüler bäidréit. Et si säi Wëssen, säi pädagogescht Engagement, seng Motivatioun, säi Kënnen, déi an deem Prozess immens wichteg sinn. An ech mengen, mir wëssen et alleguerten aus eegener Erfahrung: Hu mer net alleguer léiwer an deene Fächer geléiert, hu mer eis net léiwer ugestrengt, wa mer e Schoulmeeschter an e Proff haten, deen eis fir dat Fach konnt begeeschteren, oder wou mer gespuert hunn, dass hie fir säi Fach a fir säi Beruff géif liewen?

En ass schonn de Mëtten hei zitéiert ginn, den neiséilännesche Fuerscher John Hattie, an den John Hattie bréngt et op de Punkt: „Auf den Lehrer kommt es an." Hien huet a senger Meta-Etüd d'Resultat vun aneren Etüden, déi sech mat der Roll vum Enseignant auserneegesat hunn, analyséiert. An en ass zur Konklusioun komm, dass et ebe grad... Ee Moment, ech hu mech hei e bëssen...

(Brouhaha et interruption)

Jo, dat do kënnt vir, ech hunn d'Säite verdréit.

...dass et ebe grad den Enseignant ass, deen dat wichtegst Element fir en erfollegräiche Léierprozess duerstellt. Dësem Grondsaz fille mir eis verflicht. An duerfir besteet och dann, niewent der Verlängerung vum Stage vun zwee op dräi Joer, eng vun den Haaptneierungen doran, den Iwwergang vum Stage an dat berufflecht Liewen, also an d'Schoulhalen, och besser ze encadréieren.

Dat ass a mengen Ae méi wéi sënnvoll, well et gëtt dach e groussen Ënnerscheed tëschent der Ausbildung, déi dach awer méi theoretesch ass, an dem berufflechen Alldag. E bësse kéint een dat vergläiche mam Schwammen. Et kann een dobaussen dee beschten a gréisste Schwëmmer sinn, mä wann ee bis an d'kaalt Waasser gehäit gëtt, da muss ee beweisen, wat ee geléiert huet an ob een dat praktesch kann ëmsetzen.

Eng besser Preparatioun op de Beruff vum Enseignant ass awer och aus engem anere Grond sënnvoll, an ech mengen, dee kennt Der alleguer: Et dierft wuel kaum en anert Land op der Welt ginn, wat esou eng heterogen Schoulpopulatioun huet wéi mir zu Lëtzebuerg. Wann ech déi lescht Chifferen aus dem Ministère huelen, da gesinn ech, dass iwwer 50% am Enseignement fondamental net lëtzebuergesch Kanner sinn. Virun zéng Joer waren dat nach 10% manner.

Iwwer 60% vun de Schüler am Enseignement fondamental schwätzen net eis Sprooch als éischt Sprooch doheem. Dat weist, viru wat fir engen Erausfuerderungen eise Schoulsystem steet. A wann ech Schoulsystem soen, da mengen ech natierlech domadder alleguer d'Enseignanten, déi all Dag mat där Situatioun um Terrain a Kontakt sinn.

Ganz, ganz vill Enseignantë meeschteren deen Challenge all Dag mat ganz vill Engagement a ganz vill Häerzblutt. An ech sinn der Meenung, dass dat och hei emol eng Kéier muss an aller Däitlechkeet gesot ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gilles Baum *(DP).*- A verschiddene Schoule gëtt et haut schonn d'Praxis, dass d'Leit mat Erfahrung déi nei Enseignantë begleeden a beroden. An dat ass och eng äusserst luewenswäert Astellung. Mat der Aféierung vum Conseiller pédagogique soll dës Begleedung elo systematiséiert ginn, soudass all neien Enseignant op dës wäertvoll Hëllefstellung kann zréckgräifen.

An ech ka mech erënneren, wéi ech ugefaangen hunn als jonke Schoulmeeschter, dat si mëttlerweil méi wéi 20 Joer hier, du war ech awer ëmmer immens dankbar, fir Rotschléi ze kréie vun de Kolleegen, déi eng gewësse Beruffserfahrung haten. A wichteg war et och nach duerno, fir sech kënnen am Team zesummen ze gesinn, fir Material auszetauschen, Saachen zesumme virzebereeden an ze diskutéieren.

Här President, et kritt een heiansdo dobaussen ze héieren, dass d'Aféierung vum Stage eng weider Schikan wär fir d'Léierpersonal. Ech mengen, et ass alles anescht wéi dat. Ech hunn eng Rei vun Ursaachen opgezielt, déi eng besser Virbereedung op de Beruff vum Enseignant néideg maachen. De Stage vun dräi Joer ass eng Hëllefstellung fir den Enseignant. Et geet drëms, hien esou gutt wéi méiglech op dat virzebereeden, wat hien herno am Klassesall erwaart.

Enseignant ze sinn ass a mengen Aen net nëmmen e Beruff, mä et ass eng Beruffung, déi engem ganz vill ofverlaangt, virun allem ganz vill perséinlecht Engagement. Ech mengen awer och, dass Der mer recht gitt, dass an enger Welt, déi sech ëmmer méi schnell dréit, de Prozess vum Lifelong Learning ni ophält, an och net fir en Enseignant.

Här President, ech hu vun e puer Facteure geschwat, déi fir en erfollegräiche Léierprozess noutwendeg sinn. Nieft dem Enseignant kënnt et awer och op d'Léiermaterial un. Duerfir hat d'Demokratesch Partei och an hirem Wahlprogramm stoen, dass mer eng Offensiv bei de Léiermaterialie starte wäerten. Zanter der Reform vun der Grondschoul an der Ëmstellung op de kompetenzorientéierten Unterrecht, awer och zanter der Reform vun der Beruffsausbildung feele leider nach bis haut a ville Fächer déi passend respektiv modern Léierbicher.

Dëst féiert dozou, dass ganz vill Enseignantë sech hiert didaktescht Material selwer zesummestellen. Wann een awer en individualiséierten Unterrecht, en differenzéierten Unterrecht mat verschiddenen Aufgabestellunge wëllt ubidden, wann een och vläicht verschidde Léierstrategië wëllt ausprobéieren, da brauche mer e Pool vu Léiermaterialien, déi dëst erméiglechen. Dëse Pool soll dann, wann en emol bis do ass, net nëmmen den Enseignanten, mä och den Elteren an de Schüler fräi zur Verfügung gestallt ginn.

Beim Enseignant däerf an der Preparatioun vu sengem Cours net d'Ausschaffe vum Material am Vierdergrond stoen, mä d'Reflexioun iwwert de Wëssensstand vum eenzelne Schüler respektiv den adequate Choix vun den Aufgaben.

D'Demokratesch Partei wäert den Här Minister, gradesou wéi bei der Démarche vum IFEN gemaach, bei senge Beméiunge fir eng Optimiséierung vun de Léiermaterialie voll a ganz ënnerstëtzen.

Dëst gesot, Här President, wëll ech ofschléissend mengem Kolleeg Lex Delles Merci soe fir säi Rapport. An ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun zum virleienden Text.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Baum. An d'Wuert huet elo de Claude Haagen fir d'LSAP.

M. Claude Haagen *(LSAP).*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, am Ufank vu menger Interventioun dem honorabelen Deputéierten, dem Här Lex Delles, dem Rapporteur, Merci ze soe fir säi gudde mëndlechen a schréftleche Rapport.

De Rapporteur souwéi meng Virriedner sinn an hirem Rapport, an hiren Interventiounen op déi verschidden Datumen an Avisen, also am Fong déi technesch Detailer vun dësem Projet de loi, agaangen, soudatt ech dat elo hei net méi brauch an och net méi wëll maachen.

Dëse Projet de loi reit sech an d'Iwwerleeungen an, et ass och scho gesot ginn, vum Gesetz vun der Reform vun der Fonction publique, déi de Stage fir all zukünfteg Fonctionnairë virgesäit, fir och de Stage vun den Enseignanten unzepassen.

D'Schafe vun engem Institut de formation de l'éducation nationale, dem IFEN also, deen dem Ministère de Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ënnerläit, ass d'Äntwert op vill international Etüden, déi ëmmer méi weisen an déi ëmmer méi beleeën, datt den Enseignant eng wesentlech Roll an der Réussite scolaire vun de Schüler spillt.

De Beruff vum Enseignant ass e schwierege Beruff, ass awer och e ganz flotten an dankbare Beruff. An dofir dréit d'Verbesserung vun der Formation continue a vum Stage natierlech och zu der Qualitéit vun deem Enseignement bäi an doduerjer huet och dëst eng ganz grouss Influenz op d'Réussite vun de Schüler.

Här President, wat ass dann elo déi aktuell Situatioun? Wat ass d'Ist-Situatioun vun der Formation continue oder vun der Ausbildung vun deene verschiddenen Akteuren, an dësem Fall dem Personnel enseignant souwéi dem Personnel éducatif a psycho-social am Enseignement?

De Constat, dee gemaach ginn ass, beleet dat heiten: Et ginn am Moment ganz vill verschidden Akteuren, déi sech ëm d'Formatioun vun de Leit këmmeren, déi am Enseignement beschäftegt sinn, ganz einfach och, well et eng ganz grouss Unzuel vu verschiddene Beruffer a Spezialitéiten am Enseignement gëtt. D'Zil war also an dësem Fall, fir eng Struktur ze schafen, déi déi verschidden Akteuren an Instituter zesummeféiert, déi gläichzäiteg awer och dat erhält, wat am Moment gutt fonctionnéiert.

Sou kann ee soen, datt den IFEN dräi Missiounen huet a kritt: Den Institut schaaft eng Continuatioun tëschent der Insertion professionnelle an der Formation professionnelle. Den IFEN iwwerhëlt d'Aufgab vun der Uni fir d'Formation pédagogique an iwwerhëlt d'Aufgab vum IFC fir d'Formation continue du personnel des écoles. Fonctionnéierend Kompetenze ginn iwwerholl. Zum Beispill fonctionnéiert den Institut de formation continue gutt a gëtt an deen neien Institut, den IFEN, integréiert. An drëttens: d'Schafen, an dat ass och schonn ugeklongen, vun zwee Departementer, engem Departement, deen de Stage organiséiert, an engem Departement, deen d'Formation continue organiséiert.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Wat déi technesch Donnéeën ubelaangt, esou wëll ech, wéi gesot, net an den Detail goen. Mä ech wëll awer e puer Donnéeën hei soen: Den IFEN huet 33 Posten à plein temps. Dovu ginn der 13 nei geschafen. Et solle 1.500 Stagiairen am Joer betreit ginn. D'Gebai kënnt op de Campus Walfer. D'Entrée en vigueur vun dësem Projet de loi ass virgesi fir d'Rentrée 2015 an déi éischt Stagen ënnert deem neie Regime wäerten am September 2016 ulafen. An d'Konventioun mat der Uni, dat hunn d'Virriedner och scho gesot, ass doropshin och scho gekënnegt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, déi Haaptaspekter vum neie Stage sinn déi heiten: D'Struktur vum Stage ass, éischtens, d'Formation générale, dann d'Formation pratique professionnelle an d'Initiation an dem Établissement scolaire. Den neie Stage ass méi praxisgebonnen: En Haaptelement vun der Evaluatioun ass d'Observation de la pratique professionnelle du stagiaire. De Mémoire, wéi et en elo an der Formation initiale vum Enseignement secondaire gëtt, gëtt geännert. Et ass net méi e wëssenschaftleche Mémoire. Den zukünftegen Enseignant soll sech e Sujet eraussichen, deen aus senger dagdeeglecher Praxis staamt an dee mat praxisbezunnene Beispiller ganz einfach illustréiert ass.

Et fanne regelméisseg Inspektioune statt, am Secondaire vum zweete Joer Stage un an am Fondamental vum éischte Joer Stage un. No all Sessioun fënnt e Bilan statt. Dës Mesuren hunn als Zil, déi Kandidaten, déi fir den Enseignement net apte sinn, fréi genuch ze identifizéieren an hinnen d'Chance ze ginn, fir sech ebe berufflech ëmzeorientéieren.

D'Formation obligatoire gëtt an d'Tâche vun den Enseignanten integréiert. Et gëtt verschidden Elementer, déi nei sinn am Stage: Nieft dem Tutorat, deen et elo scho gëtt, e Regroupement entre pairs - dat heescht Versammlungen ënner Stagiairen, fir sech auszetauschen - an d'Hospitatioun, de Rapporteur huet dat gesot, also fir Coursë bei anere Proffen an anere Gebaier ze observéieren. Dës Mesuren erméiglechen et dem Stagiaire, iwwer seng eventuell Schwieregkeete mat anere Persounen, anere Kolleegen ze schwätzen, an encouragéiert se, och an Zukunft sech méi mat dëse Leit auszetauschen.

Den Ufank vum Stage ass den 1. September. Dann huet de Stagiaire schonn zwou Wochen, fir seng éischt Coursen ze huelen an och eng éischt Aféierung a säin zukünftegt Gebai ze kréien. Geméiss dem Gesetz vum 25. März vun dësem Joer, vum Statsbeamtestatut, gëtt d'Durée vum Stage vun zwee Joer op dräi Joer eropgesat an d'Indemnitéite vun den éischten zwee Joer vum Stage sinn 80% vun der Rémunératioun vun der Ufankscarrière an duerno am drëtte Joer 90% vum Gehalt vun der Ufankscarrière.

Här President, ech erlabe mer a menger Aféierung och ganz kuerz op e puer Haaptkritikpunkte vun de Gewerkschaften anzegoen. Ee vun den Haaptkritikpunkte vun de Gewerkschafte war, datt de Stage am Fondamental en double Emploi mat der Formation initiale ass, déi ganz oft schonn ee Volet didactique huet. Dësen double Emploi ass awer net onbedéngt feststellbar. Deen neie Stage ass zum groussen Deel à la carte. Vun deenen 108 Stonne Formatioun kann de Stagiaire der 84 no senge Besoinen eraussichen.

En anere Kritikpunkt war, datt am Fondamental den neie Stage en ze vill groussen Opwand mat sech bréngt, soudatt d'Stagiairë sech net méi genuch op hir Klass kënne konzentréieren. De Stage ass awer elo esou konzipéiert ginn,

datt d'Zuel vun den Déchargestonnen dem Aarbechtsopwand ugepasst ass: 524 Stonnen. Fir d'Formation générale sinn 108 Stonne virgesinn, soudatt nach ronn 400 Stonnen iwwreg bleiwe fir déi aner Aarbechten, déi am Kader vum Stage ufalen.

Da war nach kritiséiert ginn, datt de Stage nëmmen an engem Ordre d'enseignement ofgehale gëtt. Ech denken, dat ass vun der Virriednerin vun der CSV och hei thematiséiert ginn. Dës Kritik ass och an der Éducationskommissioun thematiséiert ginn an och ugesprach ginn. De Minister huet an deem Kontext proposéiert, datt de Stagiaire och kann, wann dat säi Wonsch dann ass, an deenen zwee Ordres d'enseignement ausgebilt ginn. Souwisou concernéiert dat och net alleguerten d'Branchen. Mä de Minister kann herno vläicht dozou e puer zousätzlech Explikatiounen och hei ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur huet et scho gesot, den Avis vum Statsrot huet mat sech bruecht, datt d'Artikele vun dësem Projet de loi sech verdräifacht hunn. D'Éducationskommissioun huet sech an hire Sitzungen domadder auserneegesat. An et ass och esou, datt d'CSV-Fraktioun an der virleschter Éducationskommissioun, also ier de Rapport définitif sollt ugeholl ginn, am Ganze 14 Amendementer an der Kommissioun eraginn huet. Nieft dem Fait, datt dës Amendementer erëm zu engem Avis complémentaire vum Statsrot gefouert hätten an domadder, an dat wësse mer alleguerten heibannen, d'Gesetz net hätt kënne fir d'Rentrée scolaire vun dësem Joer a Kraaft trieden, wier also den IFEN definitiv net fir d'Rentrée am September operationell gewiescht.

Ech kommen awer e bëssen zu deenen Amendementer, déi agereecht gi sinn, déi och haut hei agereecht gi sinn. Den éischten Amendement hat mat der Ausbildung vun de Stagiairen ze dinn: een Ordre d'enseignement oder zwee Ordres d'enseignement. Ech sinn elo kuerz schonn drop agaangen. D'Kommissioun huet dësen Amendement verworf. An domadder waren déi dräi aner Amendementer, déi sech op dësen Amendement bezunn hunn, och hifälleg, well se sech eben op deen éischten Amendement bezunn hunn.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Fannt Der en dann inhaltlech richteg? Dir hutt elo eis prozedural Froe gestallt. D'Fro ass awer, ob Dir en inhaltlech richteg fannt oder net.

M. Claude Haagen *(LSAP)*.- Mir fannen et inhaltlech richteg, well, éischtens, net all Branchë concernéiert sinn an, zweetens, op Wonsch vum Stagiaire de Stage nach ëmmer an deenen zwee Ordres d'enseignement ka gehale ginn.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dir sidd also der Meenung, datt et keng Obligatioun muss sinn?

M. Claude Haagen *(LSAP)*.- Mir sinn der Meenung, datt et keng Obligatioun muss sinn, jo.

Dir gesitt, och an der Kommissioun si se an déi dote Richtung gaangen. Do gëtt et verschidden Interpretatiounen. Vu datt souwisou och eis Gesellschaft an och d'Éducatioun, och d'Schoule sech ëmmer wäerten nei orientéieren, nei entwéckelen, kann een iwwert déi dote Saachen ëmmer diskutéieren. Dat heiten ass, wéi mir et elo am Fong och zréckbehalen hunn. Mä Fakt ass awer och, datt doduerjer déi dräi aner Amendementer - ech denken, datt Der déi och hei deponéiert hutt - jo dann hifälleg ginn, wann deen éischten Amendement net ugeholl gëtt.

Bei deem fënneften Amendement hat de Statsrot am Projet de loi schonn op eng Opposition formelle zréckgegraff opgrond vun dem Artikel 23 an Artikel 32 (3) vun der Constitutioun, deen eis och an aneren Dossieren ebe vill, vill Suerge mécht. D'Diskussioune betreffend d'Ëmännerung vun dësem Artikel lafen do an der zoustänneger Institutiounskommissioun.

Et waren nach verschidden Amendementer, déi véier Erreurs matérielles mentionnéiert hunn, wou mer an der Kommissioun kee Vote gebraucht hunn. Et éiert Iech awer, datt Der déi fonnt hutt.

Do sinn also am Ganzen, kann ee soen, vun der CSV-Fraktioun 5 Amendementer, déi sech mam Inhalt vum Projet de loi auserneegesat hunn, 5 Stéck an net 14. An iwwert déi 5 Stéck ass kontrovers diskutéiert ginn an der Kommissioun. A si sinn och net alleguerte vun de Majoritéitsparteie verworf ginn, si si verworf ginn och heiansdo mat Abstentioun vun der ADR zum Beispill, bei engem Amendement. Da soll een och dat, fir prezis ze sinn, da richteg soen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,...

(Interruption)

Här Wiseler, et ass alles an der Rei. Wann Der wëllt eng Fro stellen,... mä bon!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass e puermol gesot ginn: „Auf den Lehrer kommt es an." Dat ass da souwuel vun der CSV gesot gi wéi vun der DP gesot ginn. Ech gesinn also, datt d'Oppositioun an d'Majoritéit op jidde Fall an deem dote Slogan no beienee sinn.

Kloer ass et awer och, wann et op de Schoulmeeschter, op den Enseignant ukënnt, da si bei der Richtung, wéi een déi Persoun op dee flotte Beruff ausbilt, verschidden Interpretatiounen. Fakt ass, datt mer dat solle gesinn am Intérêt vun den Enseignanten, am Intérêt awer och vun eise Kanner, déi herno och vun deene verschiddene Leit eben ausgebilt ginn.

Dofir hoffen ech zum Schluss, datt den IFEN seng Roll voll a ganz wäert spillen. An domadder ginn ech och den Accord zu dësem Projet de loi vun der LSAP.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Haagen. Als nächste Riedner ass ageschriwwen: den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci fir d'Wuert, Madame Presidentin. Mam Projet de loi 6773 schafe mer en Institut de formation de l'éducation nationale. Mir schafen eigentlech eng Zort Schoul, wou de Ministère de l'Éducation nationale de Chef ass, wéi bei ville Schoulen. Mä hei handelt et sech spezifesch drëm, sech ëm d'Beruffsaféierung an d'Weiderbildung vu sämtlechem Léierpersonal ze këmmeren.

De Parallelismus zum INAP, dem Institut national d'administration publique, dee sech ëm d'Formatioun an d'Weiderbildung vun de Stats- a Gemengebeamten an de Leit aus den Établissement-publicke këmmert, deen ass net ze iwwersinn. A mir fannen et als Gréng och nëmme logesch a richteg, datt de Patron Stat sech och där Aufgab vun der Formation continue a vun der Aféierung an de Beruff vu senge Leit am Enseignement konsequent a systematesch unhëlt.

Am Exposé des motifs sinn d'Argumenter opgezielt, fir esou en Institut ze schafen: Éischtens, d'Qualitéit vum Enseignement solle mer steigeren an d'Léierpersonal ënnerstëtzen. Ech mengen, dat ass eppes, wat kee Mënsch prinzipiell a Fro stellt. Zweetens, d'Gesetz iwwert d'Reform vun der Fonction publique, dat no jorelaange Verhandlungen am Mäerz 2015 hei votéiert ginn ass, huet och Auswierkungen op den Enseignement a muss och do ëmgesat ginn. An drëttens, et soll probéiert ginn, eng gewëssen Harmonisatioun vun de Stagen, déi d'Personal am Enseignement muss maachen, ze kréien - eng Aufgab, déi alles anescht wéi einfach ass. An ech mengen, et geet och net drëm dobaussen, fir dat alles gläichzestellen, mä eng gewëssen Harmonisatioun mécht bestëmmt Sënn.

Mir hate schonn 2012 een, wéi ech fannen, ganz interessanten Débat d'orientation iwwert déi verschidde Beruffer am Enseignement hei an der Chamber. An eng vun de Pisten, déi ugeduecht war, huet sech och ëm de Stage vun de Schoulmeeschteren a Proffe gedréit. Bei de Proffe wollte mer den Examen-concours iwwerschafft kréien. An et sinn och ëmmer erëm Kloen iwwer eng ze vill theoretesch Ausriichtung vum Stage komm. A bei de Schoulmeeschteren ass vu verschiddenen Intervenantë gemengt ginn, et wier gutt, wann d'Schoulmeeschteren och e regelrechte Stage géife maachen, dee vun engem Tuteur encadréiert wier.

Well d'Gesetz iwwert d'Reform vun der Fonction publique scho laang an der Diskussioun war, well et schonn 2011 zu engem éischten Accord tëschent dem Stat an der CGFP koum, kann een dervun ausgoen, datt och zënter 2011 sech am Ministère Gedanke gemaach gi sinn, wéi d'Stagen am Enseignement sollten un déi Eenegung, déi sech ugedeit hat, och wa se nach e puermol ugezweifelt an ëmmodelléiert ginn ass, wéi d'Stagë kéinten ugepasst ginn. A wann d'Kolleege vun der CSV haut soen, datt et e feelerhaft an onausgeräift Gesetz wier, dann däerfe si dat soen, dat gehéiert zum politesche Stil, entsprécht awer net onbedéngt den Tatsaachen.

Ech wëll hei emol op alle Fall souwuel de Responsabele vum Statsrot wéi och de Verantwortleche vum Ministère Merci soe fir déi exzellent Aarbecht, déi se hei geleescht hunn.

Eng vun de Schwieregkeete war jo, an et ass och haut gesot ginn, souwuel vum Rapporteur wéi och vun aneren, datt d'Gesetz nach ganz vill huet missen ëmgeännert ginn, well de Statsrot, esou wéi et senger Missioun entsprécht, drop higewisen huet, datt den Artikel 23 vun eiser Verfassung, wou steet: «La loi règle tout ce qui est relatif à l'enseignement», am Zesummespill mam Artikel 32 Absatz 3 vun därselwechter Verfassung: «Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, le Grand-Duc ne peut prendre des règlements et arrêtés (…)», datt een dat misst ganz streng ausleeën. An et ass jo och iwwregens schonn hei an der Chamber gesot ginn, datt et e gewëssene Konsens géif ginn, fir den Artikel 32 an deem Sënn ëmzeänneren.

Op alle Fall, well et och schonn déi eng oder déi aner Jurisprudenz an deem Beräich gëtt, huet d'Gesetz iwwert den IFEN missen ëmgeschriwwe ginn. An dat ass och schonn haut gesot ginn: Aus dem initiale Projet de loi mat 43 Artikelen ass e Projet de loi mat 119 Artikele ginn. An, jo, dat huet och mat sech bruecht, datt zum Schluss awer ënner engem gewëssenen Zäitdrock huet misse geschafft ginn.

Eventuell ass de Service juridique vum Ministère de l'Éducation nationale net esou performant, wéi ee sech dat géif wënschen. Ech loossen déi Ausso emol am Raum stoen.

Ech bleiwen awer derbäi, datt hei eng Rei Leit eng ganz gutt Aarbecht gemaach hunn. An ech schléissen och hei den honorabele Rapporteur-President vun der Kommissioun, den Här Lex Delles, an, dee fir en exzellente mëndlechen an och schréftleche Rapport gesuergt huet. An ech schléissen och déi honorabel Madame Hansen hei an, déi an der virleschter Kommissiounssëtzung nach e puer Erreurs matérielles et autres opgedeckt huet, en Zeechen, datt se sech wierklech ganz intensiv och mam Text auserneegesat huet.

Et ass och net fir d'Éischt, datt mer hei an der Chamber ënner Zäitdrock schaffen. An dobäi ass an dësem Fall den Zäitdrock awer relativ. Ëmmerhin hate mer fënnef Kommissiounssëtzungen, bis mer dunn an enger sechster de Rapport gestëmmt haten. Mir hunn de Projet IFEN mat de Propositions de règlement grand-ducal virgestallt kritt, a vläicht kann och déi honorabel Madame Hansen sech net méi un aner Gesetzer erënneren, déi an engem nach méi groussen Zäitdrock hei duerchdiskutéiert a gestëmmt gi sinn.

Ech maachen et net gär, mä ech muss awer dann trotzdeem Iech drun erënneren, Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech erënneren eis alleguerten drun, datt mer zum Beispill zweemol e Gesetz iwwert d'Bourse vun de Studenten haten, an dat huet wierklech an esou engem kuerzen Termin missen duerchgoen, do konnt ee vu feelerhaften an onausgeräifte Gesetzer schwätzen. An ech fannen dat schonn e bëssen erstaunlech, datt een dat schonn alles schéngt vergiess ze hunn.

Och d'Schoulgesetzer vun 2009, iwwregens, sinn alleguer scho modifizéiert ginn. Dat ass keen Argument, fir schlecht Gesetzer ze votéieren, mä et ass awer trotzdeem en Hiweis drop, datt, souguer wann ee seng Aarbecht gutt a gewëssenhaft mécht, dat keng Garantie derfir ass, datt een net eventuell muss nobesseren. Ech ginn emol dervun aus, datt mer hei net esou schnell mussen nobesseren. Mä wann dat dann eng Kéier de Fall ass, da musse mer et maachen.

Ech ginn net weider op déi technesch Aspekter vum Gesetz an, dat huet den honorabele Rapporteur gemaach. Ech wëll am Fong geholl e bëssen op den Historique agoen, well ech mengen, datt, wa mer wëlle verstoen, firwat mer verschidden Décisiounen huelen an a wéi eng Richtung mer wëlle steieren, dann ass et och gutt ze wëssen, wou mer hierkommen.

Ech wëll ufänken a fir d'Éischt e bëssen d'Formatioun vun de Schoulmeeschteren a Léierinne beliichten. Zu menger Zäit, dat ass nach vill méi laang hier wéi dem Gilles Baum seng Zäit, do hate mer en Institut pédagogique. An duerno hate mer dräi Joer Studien, postsecondaire Studien an engem ISERP. Also, um Institut pédagogique, dat war nach e Stage, dat war emol net als postsecondaire Studien unerkannt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

A mir haten dunn 2004 e Bachelor vu véier Joer Uni zu Walfer. Firwat datt dat e Bachelor vu véier Joer war an net e Master, do kéint een och elo erëm laang driwwer schwätzen, mä dat sprengt awer dann de Rahme vun der Debatt vun haut.

Während IP- an ISERP-Zäite war och d'Formation continue zu engem gudden Deel an därselwechter Institutioun a vun därselwechter Institutioun gedroe wéi d'Formation initiale. Déizäit war och d'Schoulinspektorat zu Walfer logéiert. Theorie a Praxis, kéint een emol mengen, stounge sech méi no.

A wéi d'Uni komm ass, ass d'Weiderbildung gaangen. D'Formation initiale an d'Formation continue sinn net méi vun därselwechter Institutioun ugebuede ginn. An dat kann ee bedaueren, well eigentlech gesäit ee jo an der Formation continue ënner anerem och, wou d'Defiziter vun der Formation initiale leien. Do kéint ee jo emol eppes draus léieren.

Och wann d'Schoulmeeschtere reng formal Stagiairë waren, dann hu si eng laang Zäit näischt vun hirem Stage gemiérkt. Eréischt am Schoulgesetz vun 2009 stoungen e puer Sätz dran, datt déi nei Schoulmeeschteren a Léierinnen och Stagiairë sinn. Et stoung ënner anerem och do, datt, während där Period vun zwee Joer: «(…) l'instituteur reçoit un accompagnement de la part de l'équipe pédagogique dont il fait partie et de la part de l'inspecteur d'arrondissement. Il participe obligatoirement à des activités de formation en rapport avec son insertion professionnelle.» Dat war alles, wat deemools iwwert de Stage an engem Gesetzestext stoung.

De Stage vun zwee Joer gëtt dann elo e Stage vun dräi Joer, deen zimlech genee beschriwwen ass an engem Règlement grand-ducal oder a ville Règlements grand-ducaux, déi mer och an der Kommissioun virgestallt kritt hunn. Mir haten och Pétitionnairen an der Kommissioun empfaangen, déi sech net averstanen erkläert hate mat deem neie Stage.

A wéi ee schonn aus menger Déclaration des intérêts financiers gesäit, schaffen ech och nach minimal an der Formation initiale vun de Schoulmeeschteren. Ech hat also ëfters d'Geleeënheet, mat Studenten iwwert dee Stage ze schwätzen. D'Rémunératioun, déi elo 80%, 80% an 90% vum éischte Gehalt ass, déi war fir déi meescht Studenten net wierklech e Problem, éischtens, well dat iwwerall beim Stat elo esou ass an, zweetens, well der awer ganz vill vun hinne sech duerchaus bewosst waren, datt d'Ufanksgehälter och elo nach ëmmer relativ gutt sinn. Si hunn och alt Schoulkolleegen, déi en anere Wee ageschloen hunn, a woussten, wat och alt aner universitär Aarbechtsufänger géife verdéngen.

Déi gréisste Suerg war déi, datt si no véier Joer Studium, dat se gepackt hunn, och elo nach kéinte riskéieren, am Stage écartéiert ze ginn - och nach am drëtte Joer. Meng Iwwerzeegung ass a bleift, datt dat nëmmen eng absolutt Ausnahm däerf sinn. D'Formatioun vum Schoulmeeschter ass jo eng Formatioun, wou Theorie a Praxis Hand an Hand ginn. Niewent de Coursen op der Uni sinn déi Leit jo och 32 Wochen am Stage a verschiddene Schoulen.

Ech sinn iwwerzeegt, datt mir eis kee Schoulsystem kënne leeschten a kee Stagesystem, wou mer siwe Joer a Leit investéieren an da soen: „Sorry, du bass net fir de Beruff gemaach". Ech fannen et richteg, datt ee Stagiaire ka refuséiert ginn. Alles anescht wier eng Farce! Mä, wéi gesot, dat dierft wierklech déi absolutt Ausnahm bleiwen.

Wéi eng Auswierkungen dëse Stage op de Curriculum vun der universitärer Ausbildung huet, dat weess ech net. An ech weess och net, ob zurzäit op der Uni iergendeen dat scho genau weess.

Bei de Proffen ass et eng ganz aner Situatioun. Hei ass jo fir d'Éischt eng theoretesch Ausbildung, ee Master an engem Fach an dann eréischt kënnt de jonke Proff a Kontakt mat de Kanner. Hei ass et, a mengen Aen, denkbar, datt och ee gudde Student a sengem Fach eventuell selwer muss feststellen, datt hie kee gudde Pädagog ass, an datt e sech eventuell no engem anere Beruff soll ëmkucken.

An enger Uni-interner Etüd vun 2010 huet sech gewisen, datt d'Formation pédagogique net ganz nohalteg wier. Ganz gutt wier en Accompagnement, d'Tutorat géif eppes bréngen an all Theoretesches géif manner bréngen. Domat sti mer natierlech awer virum Problem, datt mer wëlle méi hu wéi just d'Fach. Mir wëllen Enseignanten, net Fachidioten. An ech mengen, datt et och dofir sënnvoll ass, datt deen neie Stage och am Secondaire virun allem praxisorientéiert ass an datt e ganz kloer drop hiweist, datt de Beruff vum Professer och ee pädagogeschen ass an net d'Weiderféierung vun enger Formatioun an engem Fach.

D'Décisioun, fir de Proffestage vun der Uni ewechzehuelen, déi ass scho vun der viregter Ministesch, der Madame Delvaux, an am Accord mat dem viregten Héichschoulminister, dem Här Biltgen, geholl ginn...

Une voix.- Aah!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- ...a vun dem neie Minister och net a Fro gestallt ginn oder réckgängeg gemaach ginn. D'Konventioun mat der Uni ass gekënnegt ginn an net verlängert ginn. D'Uni hat och net, wéi esou oft ugekënnegt, Didaktiker rekrutéiert. Vläicht ass den aktuellen Dekan vun der Fakultéit e puer Joer ze spéit komm.

An eisen Ae mécht et also Sënn, d'Formatioun vun de Stagiairë vun der Uni ewechzehuelen an am IFEN ze verankeren. Engersäits ass een

d'Gefill net lassginn, wéi wann d'Uni un hirer Spëtzt relativ wéineg Interessi un dëser Formatioun hat. Eis Uni ass jo eng Université de recherche an do ass den Encadrement vu Stagiairen, déi an den Enseignement ginn, nun emol keng Prioritéit, kee Schwéierpunkt.

De Ministère de l'Éducation nationale, als Patron, huet och een Intérêt, d'Formatioun vun den Enseignantë méi no un d'Lycéeën an un de Ministère ze bannen. Besonnesch bei de Proffe fanne mir et wichteg, fir e bësse méi ewech vun der akademescher Welt ze kommen, déi jo während mindestens fënnef Joer dominéiert huet, a méi no an d'Schoulpraxis.

D'Madame Hansen hat nach proposéiert, ob et dann net denkbar wier, well dat gëtt e gewëssene Problem, eng Ëmstellung fir déi Leit, déi Referenten, déi elo net réusséiert hunn dëst Joer, déi mussen effektiv... Mer haten an der Kommissioun emol esou Diskussiounen, oder et ass och vu Gewerkschaften opbruecht ginn, et ass jo kloer... D'Madame Hansen hat awer proposéiert - entschëllegt, Madame Hansen -, Dir hat awer proposéiert, d'Uni hätt jo kënnen nach déi Ausbildung weiderféieren.

(Interruption)

Ech mengen, datt vun der Uni kloer signaliséiert ginn ass, datt si keen Intérêt dofir hat an datt et dofir am Fong geholl méi séier eriwwer war op der Uni, wéi dat eigentlech geplangt war, well et hätt een dat effektiv bis 2016 kënne weiderlafe loossen. Mä da brauch een awer och e Partner, deen dat och esou gesäit. An dat war net de Fall.

Aus dem SCRIPT mat dräi Departementer - Innovation pédagogique, Agence qualité an d'Formation continue - bleiwen elo nach just déi zwee éischt Departementer. D'Weiderbildung kënnt jo, wéi gesot, an den IFEN. An ech wëll elo net weider agoen op déi ganz Diskussiounen, déi gefouert gi sinn, och wou elo eng Gewerkschaft sech zu Wuert mellt. Ech mengen, et ass dat gutt Recht vun der Gewerkschaft, fir sech zu Wuert ze mellen. Ech hunn déi Argumentatioun och gelies. Ech deele se allerwäitst net.

Et ass nach driwwer diskutéiert ginn - a mer haten dat och, an ech fannen dat och gutt, datt den Här Haagen den Ënnerscheed gemaach huet -, et sinn eng Rei Amendementer an der Kommissioun zur Sprooch komm. An do waren der eng Rei, déi haten inhaltlech Aspekter, an déi sinn och diskutéiert ginn. Mir hu se net zréckbehalen. An ech géif och mengen, haaptsächlech aus inhaltlecher Siicht, well een dat och e bëssen anescht ka gesinn.

Et muss een nämlech bedenken, wann ee festschreift, datt een de Stage an deenen zwee Regimmer muss maachen, wat ech vun der Iddi hier gutt fannen, dann huet dat awer och ganz vill Auswierkungen op d'praktesch Ausféierung vum Stage.

Mer sinn zum Beispill drop higaangen an dësem Stage, datt mer vun zwee Patronen op ee Patron zréckgaange sinn, well mer gemengt hunn, dat wier méi sënnvoll. Anstatt zwee Patronen am éischte Joer ze hunn, hu mer elo gesot, mer hunn ee Patron an dat awer während zwee Joer laang. An et ass och nach eng käschtenneutral Operatioun. Mir hu gemengt, dat géif Sënn maachen.

Et ass och esou, datt een, dee säi Stage fäerdeg huet, Professer ass. Deen ass net Professer an engem Regime, mä deen ass Professer an dee kann och an deene verschiddene Regimmer schaffen.

A just nach zur Erënnerung: Mir haten an der Zäit Spillschoulsléierinnen a Schoulmeeschteren am Primaire a mer haten deene mat engem 60-Stonnen-Iwwergang erlaabt, vun deem enge Regime an deen aneren ze wiesselen.

Domat kommen ech zum Schluss. Ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

An ech hunn awer matkritt, Madame Hansen, datt Der mer wëllt eng Fro stellen, dann...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- ...wëll ech dat och gären...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Madame Hansen.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Villmools Merci. Ech wollt just nach nofroen, mir hu jo nieft den Amendementer och dee Punkt ugeschwat, datt de Schoulmeeschter ni bewäert gëtt fir de Fakt oder fir d'Kompetenz, datt e kann de Schüler, dem Schüler seng Kompetenze bewäerten. Mir hunn do keen Amendement kënne maachen, well mer zum Beispill net wëssen, wat am Portfolio ass an esou weider, well mer och net wëssen, wat mat den Enseignanten ausgehandelt ginn ass.

Dat heescht, och do sot Dir, dat wier eppes, wat net gemaach muss ginn, datt de Schoulmeeschter... Beim Enseignement secondaire gëtt et jo ganz genau gekuckt. Dee muss Stonnen halen, et ginn d'Prüfunge gekuckt, et gëtt een Dossier gekuckt. Beim Schoulmeeschter gëtt dat net berücksichtegt. Ech hat d'Gefill, wéi wann et vergiess gi wier. An ech wollt dozou einfach just Ar Meenung da wëssen.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Majo, et éiert Iech, datt Der u menger Meenung interesséiert sidd. Ech sinn e bëssen...

(Hilarité)

Ech sinn e bësse befaangen, Madame. Ech sinn e bësse befaangen, well ech, wéi gesot, och an der Formation initiale schaffen. An ech hunn och gesot, datt zum Beispill de Schoulmeeschter während senge véier Joer, déi en op der Uni ass, 32 Wochen an engem Stage ass. An dat sinn all Kéiers Stagë vu véier oder fënnef Wochen hannerteneen. An et gehéiert fir mech derzou, an dat maachen ech och a menger Aufgab dann do als Tuteur, et ass evident, datt een och de Stagiaire muss do aféieren, soudatt ech mengen, datt dat effektiv anescht ka geregelt gi wéi beim Proff, well de Proff, deen huet a senger Formatioun wierklech eng theoretesch, fachlech Ausbildung, soudatt ech mengen, datt een dat, am Kader vum Stage, misst einfach kënne gesinn. Ech mengen net, datt een dat misst prezis an ee Gesetzestext schreiwen.

Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun an ech soen Iech Merci fir Ar Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet direkt den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Villmools Merci, Här President. Ech fänken och u mat dem Merci un den Här Delles fir säi Rapport, deen en eis gemaach huet an dee ganz komplett war.

Ech wëll awer derbäisoen, datt ech mengen, datt déi dräi Koalitiounsparteie vläicht net ganz korrekt, a mengen Aen, déi Reuniounen erëmginn hunn, wéi mer se haten iwwert dëst Gesetz. Ech mengen, ech si jo elo net Member vun der CSV, mä ech mengen, et ass nëmmen éierlech a richteg ze soen, datt de Mérite vun der Madame Hansen bei der Behandlung vun dësem Gesetz wesentlech war. E war méi grouss, wéi en hei duergestallt ginn ass. Si huet zum Deel Korrektur gelies vun deem, wat d'Regierung eis proposéiert huet. An ech wëll dat awer hei ënnersträichen. Ech mengen, si huet dat Kompliment verdéngt.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Et huet keen de Contraire behaapt!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, et hätt een et awer kënne soen. An et hätt een et kënne vu ganzem Häerze soen, well et ass...

(Interruptions diverses)

...et ass eng Manéier...

(Brouhaha)

...et ass eng Manéier, wéi een dat seet.

Une voix.- Et ass och esou gesot ginn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Wat d'legislativ Prozedur ugeet, muss ee soen, datt déi Remarque, datt dat Ganzt iwwert de Knéi gebrach ginn ass, och méi wéi korrekt ass. A mir hunn och Problemer ze verstoe firwat. Et kann een natierlech soen, konstitutionell, wéi den Här Adam et jo développéiert huet a wat ganz richteg ass, ass déi Exigenz ebe ginn, datt e groussen Deel vun deem, wat den Enseignement ass, ebe muss iwwer Gesetz geregelt ginn. Mä dat ass jo net nei, dat ass bekannt. Den Arrêt vun der Cour administrative ass vun 2009, vum 14. Juli 2009, deen d'Noutwendegkeet vum Gesetz ënnersträicht. An deen aneren, déi aner rechtlech Basis, en Arrêt de la Cour Constitutionnelle, ass vum November 2013.

Da misst et jo awer engem Ministère méiglech sinn, wann am Joer 2015, am Januar 2015 den Dépôt vun engem Projet de loi gemaach gëtt, awer dat mat afléissen ze loossen, wat déi héchste Geriichter awer an där Matière gesot hunn. Et ass fir eis net nozevollzéien, datt dat Gesetz net, an deem Sënn, virbereet war, datt de Conseil d'État et hätt kënnen akzeptéieren.

An dofir ass et iwwert de Knéi gebrach ginn. An dofir sinn och mir iwwerzeegt, datt wahrscheinlech nach ganz vill Feeler wäerten am Laf vun der Zäit entdeckt ginn an datt mer mussen nach eng Kéier korrigéieren.

Et ass wahrscheinlech méi néideg wéi jee och, datt en neien Texte coordonné, ee gebrauchsfrëndlechen Texte coordonné, en iwwersiichtlechen, iwwer all Texter, déi am Enseignement existéieren, elo vum Ministère erausbruecht gëtt. Ech mengen, et géif eis all d'Liewe méi einfach maachen.

A wa mer bei der legislativer Prozedur sinn, da wär et och gutt, wann den Här Minister eis géif op déi Kritik äntwerten, déi an deene leschten Deeg virbruecht ginn ass, datt et keng Iwwergangsbestëmmunge gëtt fir Leit, déi an deem aktuelle Regime hir Prüfungen net bestanen hunn, an eben dann elo eventuell nom neie Regime missten nach eng Kéier gepréift ginn. Och do wäre mer dankbar, fir eng Stellungnahm vum Minister ze kréien.

Ech sinn elo an enger privilégéierter Situatioun an engem bestëmmte Sënn: Ech sinn zwar ganz gär Member vun der Unterrechtskommissioun, mä ech kommen net aus dem Enseignement. Dat hëlleft mer heiansdo, méi en distanzéierten a méi e kritesche Bléck op Saachen ze werfen. An ech hunn dacks den Androck, datt d'Realitéit vum Enseignement eigentlech net erëmgespigelt gëtt an där legislativer Aarbecht, déi mer hunn.

Mir hunn immens Problemer an de Schoulen. Mir hunn e Verfall iwwert d'Jore vum Niveau an de Schoulen. A wa mer an deene Gesetzer hei sinn oder an der Ausbildung vun de Stagiairen, da benotze mer eng Metasprooch, déi an enger kënschtlecher Welt ass, an déi eigentlech net méi vill mat deene richtege Problemer ze dinn huet, déi mer an de Schoule kennen.

Ech hunn elo déi Ausschreiwung matbruecht, wou de Ministère elo Formateuren a Coordinateurë gesicht huet, fir elo déi Formatioun kënnen ze maachen, wann den IFEN dann elo vum September u seng Aarbecht mécht. An ech wollt just beispillhaft e puer Sätz virliesen, wat dann elo d'Konditioune wären, déi d'Stagiairen an d'Intervenantë missten erfëllen. Dat huet mat der Realitéit um Terrain näischt ze dinn!

Dat si Sätz wéi: «Les outils mis à la disposition des stagiaires et intervenant/e/s reflètent les principes et valeurs partagés dans le cadre du stage. Ils contribuent à la régulation du dispositif et à l'atteinte des résultats escomptés. Quelle que soit la problématique rencontrée par un/e stagiaire ou un/e intervenant/e», an all Kéiers natierlech gegendert, «la recherche de solution est privilégiée. Dans cette perspective la pratique réflexive permet d'aborder toute situation dans cette visée positive et constructive.»

Dat si säiteweis, wéi déi Däitsch soen, „Hohlspréch", eidel, eidel Formullen. Ech kéint Iech där do och produzéiere mat dem Zil, näischt ze soen a Säiten ze fëlle mat politesch korrektem Blabla! An dat ass eigentlech dat, wat elo hei an der Ausschreiwung ass.

Firwat net d'Qualitéitskritäre kloer festleeën, den Niveau vun der Bildung kloer festleeën, de Prinzip respektéieren, datt d'Evaluatioun vu Leit gemaach gëtt, déi eben an hirer berufflecher an akademescher Ausbildung méi héich sti wéi déi aner? Alles dat ass net kloer, net prezis. Awer esou huel Floskelen, där fënnt ee säiteweis.

Dat huet mat der Realitéit an domadder, wéi ee richteg un déi Problemer am Enseignement soll erugoen, iwwerhaapt näischt méi ze dinn!

Mir kënnen och déi Kriticke vun de Gewerkschafte verstoen, déi d'Angscht virum Egalitarismus hunn. Mir hu jo déi méi oder manner Harmoniséierung vun de Stagen an der Fonction publique, opgrond vun deem Gesetz, wat mer hei gestëmmt hunn. An ech mengen, déi Angscht, déi ee ka spieren, datt awer do soll méi wéi nëmmen d'Durée vum Stage harmoniséiert ginn, wou ee sech och nach ka froen, ob dat fir all Beruffszweig wierklech méiglech ass, néideg ass, déiselwecht Durée vun engem Stage ze hunn, an ob do net aner Absichten nach derhannertstinn. Déi Angscht kann een novollzéien, well déi Beispiller vun der Terminologie, wéi d'Carrière supérieure de l'enseignement an esou weider, gi jo och vun deene Gewerkschafte genannt, déi ebe just déi Suerg do an d'Welt stellen.

Brauche mer en Enseignant unique? Mir brauche ganz sécher keen, well all Alterskategorie vu Schüler, all Typ vun Enseignement huet natierlech seng besonnesch Erausfuerderungen a brauch eng besonnesch Qualifikatioun. Dat heescht, eleng schonn déi Iddi vum Enseignant unique, déi awer vu verschiddene Parteien zënter Jore kultivéiert gëtt, géif d'Qualitéit vum Enseignement wierklech net verbesseren.

Et ass och, an eisen Aen, schockéierend, wa gesot gëtt: Gutt, d'Ausbildung gëtt méi wäit ewech geholl vun der Universitéit a mir wëllen elo déi Saach méi no un de Ministère ubannen, d'Ausbildung. Dann ass et awer schockéierend, datt déi Stagiairen emol net méi d'Méiglechkeet hunn, am Kader vun hirem Travail de candidature, fir eng wëssenschaftlech Aarbecht ze maachen. Dat ass net méi méiglech!

Wann ee wéinstens d'Méiglechkeet gelooss hätt. Mä hei ass dat eben net méi de Fall an et muss ee sech och do froen: Wat ass dann den Hannergrond? Wat ass de Gedanken dobäi, fir déi Méiglechkeet vum wëssenschaftlechen Éiergäiz auszeschléissen aus der Formatioun? Et ass ganz schwéier, dat ze verstoen. An et ass och fir eis net nozevollzéien, firwat deen Automatismus, datt e Stagiaire soll an deenen zwee Haaptschoultyppen e Stage maachen an Erfahrunge sammelen, datt dat och net méi soll gewënscht sinn.

Alles dat sinn Entwécklungen... Souguer wann een higeet an et wëllt een de Stage harmoniséieren an et wëllt een d'Qualitéit och nach vum Stage verbesseren, wann dat déi Absichte sinn, déi d'Regierung heimadder verfollegt, da sinn awer esou vill Ongereimtheeten dran, ongekläert Froen: Firwat kee wëssenschaftleche Stage méi? Firwat eben net méi déi zwee Ordres d'enseignement? An esou weider. Wou awer eng ganz Rei Interrogatioune méi wéi berechtegt sinn. Da sinn eng Rei Froen nach, déi am Raum stinn.

D'Chargés de cours, déi gi gebraucht, nach ëmmer am Enseignement. Dann ass et an eisen Aen och richteg - an dofir wäerte mer och den Amendement vun der CSV ënnerstëtzen -, wann ee schonn déi Kategorie Leit brauch, an a grousser Zuel brauch, datt se dann och eng Ausbildung kréien, déi ka fonctionnéieren. A fir datt se eng Ausbildung kréien, déi ka fonctionnéieren, muss een natierlech och eng Décharge deene ginn, déi sech sollen ëm si këmmeren, well soss huet ee jo de Problem, datt dat net ka fonctionnéieren.

Och bei de Finanzen... Mir hunn eis gefrot, well mir hunn déi Fiche financière gesicht an net fonnt, déi eis géif erlaben, wierklech d'Evaluatioun ze maachen, wat deen IFEN dann elo u finanzieller Méibelaaschtung kascht, niewent dem SCRIPT, dee jo an Deeler dann och soll weiderbestoen, wou een och kann diskutéieren, ob déi Agence Qualité, déi beim SCRIPT existéiert, iwwerhaapt eng sënnvoll Aarbecht leescht oder net. Dat kann een alles kucken.

Mä mir gesinn eng Tendenz dozou, och duerch dëse Gesetzesprojet, dee Waasserkapp, deen awer am Ministère de l'Enseignement national (veuillez lire: Éducation nationale) existéiert, nach méi auszebauen. Deeselwechte Minister geet dohinner a probéiert, bei de Professeren am Enseignement, bei deenen, déi um Terrain sinn, Suen ze spueren, zum Deel ganz..., wou e puer Milliounen um Spill stinn, eigentlech net vill Geld am Kader vum Statsbudget, an dofir massiv Sträit am Enseignement provozéiert, e Risque vu Streik provozéiert am Enseignement, fir e puer Millioune sichen ze goen. A bei Projete wéi deem heite gi Milliounen investéiert, wou ee sech wierklech freet, ob dat de Bienfondé ass an d'Qualitéit vum Enseignement domadder soll verbessert ginn. Do kann ee wierklech déi gréissten Zweifel hunn.

Och géife mer gäre wësse vum Här Minister, wéi et dann elo ass mat där Garantie, wat jo och de Conseil d'État do gefrot huet, wou en déi Fro gestallt huet mat de Stagiairen am Fondamental, datt déi eng Garantie d'emploi sollten hunn. Do wär et och interessant, dat nach eng Kéier ze kucken.

Dat gesot, wäert et Iech net iwwerraschen, wa mir als ADR dat heiten net ënnerstëtzen. Mir si selbstverständlech fir eng gutt Ausbildung vum Enseignant. Mä mir trieden och a fir eng realistesch Schoulpolitik, déi den Niveau an de Schoulen erëm hieft. An déi Beispiller, déi ech genannt hu vun deem Profil vu Leit, déi do gesicht ginn, ass symptomatesch just fir den Zoustand vun eisem Enseignement, wou mer eigentlech ëmmer méi eng Sprooch hunn um politeschen Niveau, déi net méi géeegent ass, fir de Problemer um Terrain wierklech ze begéinen a se och Meeschter ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Och e puer Wierder zu deem Projet de loi, deen awer wichteg ass. Mir mengen och, datt et richteg a wichteg ass, endlech e kohärent Institut ze hunn, wat sech ëm d'Formatioun an d'Weiderbildung vun deene verschiddene Kategorië vu Personal bekëmmert. An ech mengen, dat gëtt et a ganz ville Länner zënter längerer Zäit. Et ass och gutt, datt dat elo endlech geschitt. Et hätt kënne viru 40, 50 Joer geschéien, mä zu Lëtzebuerg si gewësse Saachen heiansdo ganz laang net geschitt.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Vläicht waren ze vill experimentéiert Leit ganz laang ze vill am Amt, fir dat anzegesinn.

(Interruptions diverses)

Jo, mä Dir musst lech dat gefale loossen. Dat ass de Präis vun der Muecht!

(Brouhaha)

Datt een och Feeler gemaach huet ganz laang.

Une voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat kënnt eis zwee ni vir!

(Hilarité générale)

Une voix.- Très bien!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Ech wëll hoffen.

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Fir lech.

(Interruption)

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Eis zwee zesummen op jiddwer Fall net!

(Hilarité et interruptions)

Bon, weider. Trotz alledeem gëtt et awer gewësse Problemer. Et ass schonn ugeklongen - an et ass kee Privileg, wann een als Leschte schwätzt, mä ech soen et awer trotzdeem -, et ass ugeklongen, datt een hätt kënnen opbauen op Erfahrungen, déi d'Uni iwwert d'Jore konnt sammelen. An de Problem ass, an dat kënnt jo och vum Personal selwer, vun de Gewerkschaften, dat ass opgeworf ginn, datt et problematesch ass, wann deen Institut ënnert der Tutelle vum Ministère funktionéiert. An anere Länner ass dat net de Fall.

An de Problem ass jo och nach deen, datt en Institut, wat ënnert der Tutelle vun engem Ministère schafft, och op eng gewëssen Aart a Weis Gefor leeft, u sech och u Legislature gebonnen ze sinn, amplaz datt eng gewësse Kontinuitéit, an engem universitäre Kader eng gewësse Kontinuitéit gewährleescht gëtt.

An natierlech, et konnt ee vill kritiséieren, et ass och oft kritiséiert ginn: ze vill Theorie, net genuch Praxis innerhalb vun der Uni. Et kann een immens vill kritiséieren, mä et kann een trotzdeem Saachen opbauen an dofir Saachen développéieren. A mir mengen, datt dat net onbedéngt eng ganz positiv Saach ka sinn.

Anerersäits, an dat ass och e Problem, d'Fro vun de Conseillers pédagogiques, déi natierlech wichteg sinn, fir de Stagiaire ze accompagnéieren, fir en ze épauléieren, fir en ze orientéieren an esou weider, an herno, um Enn, fir en ze evaluéieren. Do gouf gesot: „Jo, dat ass u sech souguer éischter en Avantage, well déi Persoun wäert hire Stagiaire och besser kennen." An dat ass natierlech och de Fall. Mir ginn och dovunner aus, datt prinzipiell esou e Conseiller pédagogique seng Aarbecht korrekt mécht, seng Aarbecht a seng Evaluatioun och wäert upassen un d'Erfahrung, déi e gemaach huet mam Stagiaire selwer.

Mä anerersäits ass et awer e bësse blauäugeg, ze mengen, wéi dat och gesot gouf, datt et och vun der Perséinlechkeet vun deenen zwou Persounen ofhänkt. Jo, natierlech, am Liewen hänkt alles of vun der Perséinlechkeet vu verschiddene Leit, wéi se zesummen interagéieren! Mä dat ass natierlech awer och e bëssen e Pokerspill, wat do spillt, well deemno wéi kann et och aneschters ausgoen, an deemno wéi, et kann een net ëmmer dovunner ausgoen, datt jiddweree perfekt ass a jiddwereen ëmmer déi bescht Intentiounen huet. Mënsche sinn och empathesch Mënschen, an Antipathië kënnen och entstoen, och souguer bei ganz professionelle Mënschen.

Dat heescht, mir gesinn net an, firwat de Conseiller pédagogique, deen och ënner Drock wäert sinn, och nach an der Evaluatioun soll matagebonne ginn.

Et ass och gesot ginn, datt eng gewësse Surcharge de travail wäert entstoen. Am Fondamental hu se eng Formatioun vu véier Joer Bachelor, wat am Secondaire jo net de Fall ass. Dat heescht, engersäits hu mer souwisou de Problem, datt wahrscheinlech sech Saache regruppéieren. Anerersäits stellt sech wierklech d'Fro vun der Surcharge de travail, vun der Prioritéit, déi de Stagiaire wäert musse setzen, wat den Enseignement ubelaangt oder wat d'Fuerderung vu senger eegener Carrière ugeet.

Mir wëssen..., ech kommen och net aus dem Enseignement. Dat heescht, dann huet een och eng gewësse Liichtegkeet, eng gewëssen Distanz, fir Saachen ze appréciéieren. Mä wann een awer vill Leit kennt aus dem Enseignement - a mir kenne vill Leit aus dem Enseignement, well vill Lëtzebuerger dra schaffen -, da weess ee ganz genau, datt dat schonn iwwerhaapt souwisou keng Period ass, déi en Zuckerschlecken ass, bäi Wäitem net!

Dat heescht, mir hu wierklech de Problem - an et kann een och nach zréckkommen op déi Fro, déi natierlech elo net an deem heite Projet de loi virgesinn ass, mä an deem aneren, dee mer gestëmmt haten, wéi ech nach net derbäi war - iwwert de Statut vun der Fonction publique, iwwert déi Generaliséierung vun dräi Joer Stage bei alle Beamten. De Justin Turpel hat eng Onmass vun Amendementer erabruecht, déi ofgeschmettert goufen natierlech, mä déi awer ganz konstruktiv Propose waren. Dofir war et och ëmsou méi schlëmm, datt e virgeworf krut, Demagogie ze maachen, well wann een esou vill Amendementer erabréngt, da mécht ee genau de Géigendeel! Mä soit, dat ass eng Klammer. Ech ka mech awer nach gutt drun erënneren, wéi dat gelaf ass.

Fir ze soe ganz einfach, datt an der Fonction publique ganz verschidde Corps de métier existéieren an datt een dat muss éischter differenzéiert applizéieren. Dat ass net geschitt. Bon!

Dann ass natierlech och e gréissere Problem, deen hänkt zesumme mat eiser geckeger Opspléckung an zwee Ordres d'enseignement: Enseignement secondaire technique an Enseignement secondaire. Et ass kee Mënsch, dee wëllt drugoen. Et ass kee Mënsch, deen de Courage huet drunzegoen. Leider, well et ass ee vun den Haaptproblemer vum Lëtzebuerger Enseignement, datt ee mat 12, 13 Joer schonn orientéiert gëtt. Dat mécht kee Sënn! Dat weess jiddwereen!

Et wier keng Allheilléisung, wann een dat géif opléisen an en Enseignement géif aféieren, deen d'Kanner méi laang zesummenhält an duerno lues a lues differenzéiert - well mat zwielef Joer ass een nach net fäerdeg. Et ass een et heiansdo souguer nach méi spéit nach net ganz richteg. Mä datt een dee Wee géif lues a lues ugräifen - ech fanne wierklech, d'Regierung misst iergendeng Kéier dee Wee aschloen, wou jiddweree seet, datt ee misst dee Wee aschloen!

An dann hu mer natierlech de Problem, datt d'Stagiairen opgespléckt ginn. Ech mengen, d'CSV huet Amendementer proposéiert. Déi Amendementer si gutt. Ech mengen net, datt een dat...

(Interruption)

Jo, an deem Sënn si se gutt!

Ech mengen net, datt een déi Obligatioun misst ofschafen an datt ee jee no Gutdünke kéint dem Stagiaire erlaben, säi Referat entweder am Enseignement supérieur oder supérieur technique (veuillez lire: Enseignement secondaire oder secondaire technique) ze maachen. Ech mengen, dat dréit souguer zu enger Devaloriséierung bäi vum Enseignement technique, wat e guer net brauch, mä wat souwisou de fakto ëmmer geschitt.

Schlussendlech, dat huet natierlech och net méi mat dësem Projet de loi ze dinn, mä dat muss een trotzdeem soen: Déi 80% Ufanksgehalt déi zwee éischt Jore vum Stage, plus 90% dat drëtt Joer, dat ass eng Spuermesure! An et gëtt een den Androck ganz einfach net lass, datt fir de Ministère fir d'Éischt emol gekuckt gëtt, datt gespuert soll ginn. A wa gewëssen Aussoe gemaach ginn a wann ee gewëssen Aussoen héiert, datt zum Beispill am Fall vun den Déchargen, datt dat quasi mat Vakanzen assimiléiert gëtt!

A mir wësse schonn, wéi einfach et ass, op d'Proffen ze klappen, ob d'Beamten iwwerhaapt am grousse Ganzen, jo, op d'Proffen ze klappen, wou et souwisou jo kee Surplus gëtt vu Kandidaten hei am Land, obwuel ee wierklech Proffe brauch! A wann dat esou e privilegéierte Beruff wier, mengen ech, dann hätte mer der, ils se bousculeraient au portillon. Dat ass awer guer net de Fall.

An ech wier wierklech frou, wann dës Regierung géif vläicht awer - net onbedéngt ëmmer averstane si mat all Fuerderung vun all Gewerkschaft, dat muss d'Regierung net -, mä awer wierklech seriö diskutéieren, seriö diskutéieren! Wa mer zum Beispill eng Versammlung hunn, wou just de Minister kënnt mat senge Beamten, déi de bonne foi sinn, mä déi awer hir subjektiv Visioun hu vun der Aart a Weis, wéi dat ofleeft, an et huet een net zum Beispill Vertrieder vun de Gewerkschaften - déi och hir subjektiv Visioun hunn, mä ëmmerhin, déi och zielt -, ma da kréie mer ëmmer méi den Androck, datt u sech d'Gewerkschaften an d'Enseignanten net richteg eescht geholl ginn.

An deen Androck hu si och! A mir hunn dat jo gesi bei deem Referendum, dee se ofgehalen hunn. An et ass schwéier! Ech weess net, wann ech Éducatiounsminister wier, ech wéisst net, wéi ech esou e Land kéint weiderféieren, wann ech iwwer dräi Véierel vum Personal u sech quasi géint mech hätt. Souguer déi bescht Reforme kréien ech dann net méi esou richteg duerch! Ech wier frou, wann trotzdeem, och wann et ganz schwéier ass, och wa vläicht op ville Säiten Tockskäpp sinn, mä déi awer konstruktiv Saache soen, wann eng richteg Kultur vum Dialog géif geschéien.

De Bertold Brecht, dee sot: „Wann eng Regierung net frou ass mat hirem Vollek, muss se sech en anert Vollek auswielen." Ech weess net, ob den Éducatiounsminister sech dat kann erlabe mam Personal, wat do schafft.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Uuh!

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Très bien!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- A mir wäerten eis enthalen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Wagner. D'Wuert huet elo direkt den Erzéiungsminister, den Här Claude Meisch. Här Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischt wëll ech emol all deene Merci soen, e ganz grousse Merci soen, déi trotz deene méi schwieregen Ëmstänn derzou bäigedroen hunn op hirer Säit, wou si Responsabilitéit droen, sief dat hei am Haus, sief dat am Conseil d'État, sief dat bei mir am Ministère, fir datt mer deen Text awer haut hei kënnen zur Ofstëmmung bréngen.

Datt mer eng gewëssen Urgence hunn, mengen ech, ass genuch hei zur Ried scho komm. An ech denken, datt mer dat doten net erreecht hätten, wann net op ganz ville Plaze ganz massiv geschafft gi wär. An ech mengen och, datt hei am Haus op alle Bänke konstruktiv am Fong matgeschafft ginn ass. Do huelen ech natierlech och - an dat hunn ech gesinn - déi Efforten, déi d'Madame Hansen gemaach huet, fir den Text am Detail ze analyséieren, mat eran.

Den John Hattie ass genuch zitéiert ginn, mä mir kënne John Hattie liesen, mir kënnen awer och an d'Schoule goen a mat den Enseignantë schwätzen: Schoul halen haut, dat ass eppes, wat net evident ass. Dat ass wahrscheinlech och eppes, wat aneschters ass wéi dat, wat vill vun den Enseignanten an hirer Grondausbildung geléiert hunn, well einfach d'Schüler anerer sinn, well dat, wat mer musse vermëttelen, aneschters ass, well mer alleguerten iergendzwousch an enger anerer Welt fonctionnéieren haut. An d'Schoul ass jo net lassgeléist vum Rescht vun der Welt, d'Schoul ass en Deel vun där Welt a muss op déi Welt do preparéieren.

Et kommen also nei Erausfuerderungen op d'Enseignanten duer. A wa mer d'Schoul wëlle verbesseren, da musse mer wierklech kucken, datt eis Mesuren en Effet, en direkten Effet am Klassesall hunn. Da musse mer kucken, datt mer d'Enseignantë stäerken, fir datt se deenen neien Erausfuerderungen do, egal wou se Verantwortung droen, ob dat am Fondamental, am Secondaire, Secondaire classique, technique, am Préparatoire oder wou och ëmmer ass, datt se deenen Erausfuerderungen do kënne Rechnung droen an datt mer se stäerken, fir hirer Aufgab kënne gerecht ze ginn.

An do ass et e permanenten Effort, deen dës Regierung jo awer och ugeet. Mir wäerte sinn a mir sinn am permanenten Dialog mat der Uni Lëtzebuerg, fir d'Grondausbildung vun den Enseignanten am Fondamental weider an déi Richtung ze développéieren, déi noutwendeg ass, fir eben haut zu Lëtzebuerg kënne Schoul ze halen am Fondamental. Eng nächst Etapp wäert do sinn, datt mer méi iwwert d'Dys-dys-Problematik wäerten integréieren an d'Grondausbildung beim Bachelor op eiser Uni.

Mir sinn amgaange mat der Uni ze diskutéieren iwwert d'Schafung vun engem Master in secondary education, fir eben och do dat Pädagogescht, och am Secondaire, an de Vierdergrond ze stellen, wou mer soen: Jo, et muss ee seng Fachkompetenz hunn, dat ass evident. Mä déi kréien ech mat engem Bachelor, deen ech hunn. An da geet et jo awer och drëms, fir dat Wëssen, wat ech hunn an deem Fach, kënnen ze vermëttelen. An dat kann een dann an engem Master maachen, wou ech d'Fachdidaktik mer uneegnen. A mir wëllen eben deen zweete Wee do och opmaachen, souwuel an der Formatioun hei op der Uni wéi awer och da bei de Rekrutementskritären, fir Enseignanten aus dem Secondaire ze rekrutéieren.

De Stage ass et wichtegt Element dovunner, mam Stage eben och den IFEN. An den IFEN bitt jo net nëmmen den Encadrement vun de Stagiairen, den IFEN bitt eben och d'Formation continue. An ech denken, och dat ass mat dat wichtegst Instrument, wat mer brauche fir d'Enseignanten no hirer Grondausbildung, no hirer Astigsphas an de Beruff eran, wou se zolidd op zwee Féiss zwar an deem Beruff dostinn, mä fir sech awer och fit ze halen, fir nei Erausfuerderungen ëmmer erëm am Laf vun der Beruffscarrière kënnen unzegoen.

Insgesamt hätte mer gär, datt den Enseignant de Spezialist ass vum Léieren, Spezialist ass vum Enseignéieren. An dat ass eigentlech och schonn d'Antwert op eng Fro, déi den Här Kartheiser gestallt huet: „Firwat kommt Der ewech vun deem Travail de candidature, deen eng wëssenschaftlech Aarbecht soll duerstellen?" Mir wëllen net lauter Wëssenschaftler an eisem Secondaire hunn. Mir brauche Spezialisten, fir gutt Schoul ze halen. Dorëms geet et am Secondaire an ëm näischt aneres. An ech denken, dat ass eigentlech och schonn oft genuch gesot ginn.

Bei allem Respekt fir déi Detailaarbecht, déi d'Madame Hansen sech gemaach huet, kann ech awer mat munnechem hei net d'accord sinn. Et ass net u mir, fir d'Chamber hei ze verteidegen. Ech denken awer, datt mer ënnert deene schwierege Bedéngungen alleguerten zesummen - nach eng Kéier: déi eenzel Institutiounen hei am Land - gekuckt hunn, awer eng ganz korrekt Aarbecht ze maachen, an datt kee sech hei - keng Chamber, keng Regierung a kee Statsrot - muss e Mangel u Seriositéit virwerfe loosse bei dësem Projet.

Ech denken, d'Chamber scho grad net! Well d'Chamber huet jo hei méi Aarbecht dohinnergetässelt kritt, wéi se gehat hätt: Mir hate jo e Gesetzesprojet erabruecht an dëst Haus vun 43 Artikelen, mer sinn herno bei 121 Artikele gewiescht. D'Chamber huet also nach 78 Artikele méi aviséiert, wéi et eigentlech no der aler Interpretatioun vun eiser Constitutioun duerch de Statsrot an duerch eng Rei vu Jurisprudenzen noutwendeg gewiescht wär. Et ass also hei vill méi am Detail gekuckt ginn, wéi bei anere Gesetzer an der Vergaangenheet iwwerhaapt gekuckt gouf oder bei Gesetzer aus aneren Domäner iwwerhaapt gekuckt ginn ass. Dofir si vläicht och eng Rei vu Problemer nach opgetaucht, déi entdeckt gi sinn, déi och zum ganz, ganz groussen Deel, denken ech, korrigéiert gi sinn.

Ech mengen och, datt elo aus Angscht, et wär vläicht nach deen een oder deen aneren Detail eis an deene leschten Deeg do entwutscht, mer (veuillez lire: et net gutt wär, wa mer) ein-

fach géife soen: „Kommt, mir loossen dat doten nach e Joer leien a mir huelen eis e Joer Zäit, an dat Gesetz, dat trëtt eréischt da bei der nächster Promotioun a Kraaft, bei deenen, déi dann e Joer drop an de Stage kommen." Wa jiddwereen hei der Meenung ass, datt deen neie Stage eppes Guddes ass, wa jiddwereen hei der Meenung ass, datt et an der Schoul op den Enseignant ukënnt, wa jiddwereen der Meenung ass, datt mer duerch eng besser Beruffsastigsphas den Enseignant kënne stäerken, fir sengen Aufgabe gerecht ze ginn, dann däerf dat doten awer elo wierklech keen Argument sinn, fir dat doten elo nach eng Kéier ze verschleefen, fir nach eng Kéier e Joer ze waarden an nach eng Kéier e Joer no deem ale Modell an d'Formatioun eranzehuelen, an de Beruff eranzehuelen amplaz no engem neie Modell, wou mer jo alleguerten hei, oder e groussen Deel vun dësem Haus, der Meenung wären, et wär bénéfique fir all déi Kandidaten, déi do géifen duerchgoen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Ech wëll, Här President, nach eng Kéier preziséieren, datt mir der Chamber déi Règlement-grand-ducallen, déi mer jo preparéiert hunn am fréie Fréijoer, dem Haus hei zur Verfügung gestallt hunn, datt déi ukomm sinn, datt haut nach um Courrier électronique vun dësem Haus hei nozevollzéien ass, datt de 24. Mäerz déi un d'Chamberskommissioun gaange sinn!

(Interruption)

Dat ass jo de Grondstack vun deem, wat herno an deenen 78 zousätzlechen Artikelen an den Text erakomm ass. D'Membere vun der Kommissioun hätten also all Méiglechkeet gehat, fir dat och virdrun ze kucken, och wann et net am Corps vum Text war, och wann et zu deem Zäitpunkt natierlech net gewosst war, datt et der Chamberskommissioun hir Aufgab gewiescht wär, dat iwwerhaapt ze aviséieren, well dat jo eréischt duerno komm ass, wou et en Deel vum Projet de loi war.

An dann, Madame Hansen, wann Der hei dëser Regierung virwerft, hei wär gehaselt ginn, mir wären ze schnell gewiescht: Dir hutt eng Kéier - Dir waart jo net laang Minister! -, mä Dir hutt et fäerdegbruecht, do e Gesetz de 5. Juli ze déposéieren, an et ass den 9. Juli hei am Haus gestëmmt ginn! Ass dat dann net gehaselt?

(Exclamations)

Ass et do ëm näischt gaangen? A wat huet...

(Brouhaha)

...déi nei Regierung misse maachen als éischt a penibel Aufgab?! Genau dat dote Gesetz, mat all deem Gedäisch, wat et da mat sech bruecht huet, erëm eng Kéier op de Leescht ze huelen! Doru kënnt Der Iech jo awer sécherlech nach erënneren, Madame Hansen? Soss hutt Der awer e kuerzen...

(Brouhaha)

...e kuerze Verhalt!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Här Minister! Här Minister, wann Der Iech direkt un d'Madame Hansen riicht, dann...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- ...däerf ech äntwerten!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- D'Madame Hansen freet sech d'Wuert, da kritt si et och selbstverständlech.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, wann ech gelift!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll just dem Här Minister soen, datt dat Gesetz, dat waren dräi oder véier Artikelen, dat ware keng 121 Artikelen. An an deem Gesetz ass et just drëm gaangen, fir eis u sech richtegzesetzen, fir ze verhënneren, datt mer misste Strofen herno bezuelen. A méi war et net!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Et war virun allem, fir keng Verantwortung méi ze iwwerhuelen an der nächster Regierung dann dat ze hannerloossen, wat se huet missen...

(Protestations)

...maachen, Madame Hansen!

Mme Octavie Modert *(CSV).*- D'Regierung sollt jo nach vill méi laang bleiwen, dat wollt Dir jo awer net!

(Interruptions diverses)

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Dann hätt Der sollen an der Oppositioun bleiwen! Esou einfach ass et!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir kënnen elo der Madame Hansen d'Wuert ginn oder si kann herno Parole après ministre froen. Et ass, wéi de Minister wëllt.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Wann et mir a menger Riedezäit net ugerechent gëtt, da kann d'Madame Hansen gär direkt schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Selbstverständlech net.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech maachen dat och ganz kuerz. Ech wëll just rappeléieren, datt d'lescht Joer dann och ëm déiselwecht Zäit d'Gesetz iwwert d'Bourssen gestëmmt ginn ass. Dat heescht, Dir hat datselwecht gemaach da wéi ech virdrun, just d'leschte Kéier waren et e bësse méi Artikelen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Datselwecht gemaach? Dat heescht, innerhalb vu véier Deeg Dépôt a Vote?

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Neen, neen!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Dat mengen ech net!

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Och déi leschte Kéier...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Dat mengen ech jo awer net, Madame Hansen!

Mme Martine Hansen *(CSV).*-...hunn ech hei gesot gehat: „Mir konnten net am Detail diskutéieren", well dee Moment, wéi mer och do Amendementer bruecht hunn, hutt Der gesot: „Dat doten ass ze spéit derfir."

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, an et hätt de Stat nach eng Kéier ganz vill Geld kascht, wa mer deemools Iech nogelauschtert hätten! Dës Kéier géif et kee Geld kaschten, mä et géif op d'Käschte vun der Qualitéit vun eiser Schoul goen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mä haut hutt Der gesot, mir sollten d'Règlement-grand-ducalle kucken, mir sollten d'Règlement-grand-ducallen och kucken an der Form, wéi se nach Règlement-grand-ducalle waren! Dat ass jo dat, wat Der elo gesot hutt.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Nee, ech hu just...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat heescht, an Zukunft froe mer all Règlement-grand-ducallen, fir déi och nach nozekucken! Dat war Ar Ausso, déi Der elo gemaach hutt.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Nee, mir hunn Iech se zur Verfügung gestallt! Et ass hei kritiséiert ginn, datt d'Chamber net à même gewiescht wär, de Contenu vun deenen Texter do ze kennen. Dir waart wuel informéiert! Ech hunn awer och gesot,...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Solle mer dann Amendementer zu Règlement-grand-ducallen ewell maachen?

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, ech hu jo gesot, Här Wiseler,...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- ...datt et net Ar Aufgab war an datt Der et duerfir vläicht net gemaach hutt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Jo, mä et ass awer net esou, datt Der net à même gewiescht wäert, Iech dat hätte kënnen unzekucken.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, elo huet just nach d'Wuert den Här Minister. Den Här Minister wäert sech och elo an der Suite un d'Chamber respektiv un de President riichten.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Här President, ech hu festgestallt, datt d'Madame Hansen sech déi eng oder déi aner Kéier u mech geriicht huet! Duerfir wëll ech - iwwer Iech! - mech dann an Zukunft un d'Madame Hansen riichten.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- D'CSV stëmmt hei dergéint. Dat eent Argument ass da jo dat, et wär net genuch Zäit gewiescht, fir dat am Detail ze kucken. An da bleift dann nach een inhaltlecht Argument. Dat schéngt da jo dat ze sinn, ob een elo e Stagiaire muss forcéieren, fir an deenen zwee Ordres d'enseignement am Secondaire, also Enseignement secondaire a secondaire technique, ze intervenéieren am Stage. Do kann een eng Meenung hunn. Et kann déi eng och oder déi aner sinn. Ech respektéieren dat och. Ech froe mech allerdéngs, ob dat e Grond ass, esou e grondleeënd Gesetz wéi dat heiten elo net ze stëmmen an dergéint ze stëmmen. Déi Fro stellen ech awer och hei an de Raum!

A mir hu jo och an der Kommissioun doriwwer geschwat gehat. Mir gi jo Méiglechkeeten innerhalb vun der Struktur vun dësem Text a vum Oflaf vun deem neie Stage, fir eben och an en aneren Ordre d'enseignement eranzekucken, duerch Moduller vun Hospitatioun, duerch déi Méiglechkeet, fir dann awer och e Joer an engem aneren Etablissement kënnen ze maachen. A mir denken, datt et eben net muss obligatoresch sinn, well mer och gären hätten, datt de Stagiaire sech mat esou engem Etablissement, wou e Schoul hält, dann och dee Moment identifizéiert, datt mer och gären e Lien opbauen tëschent dem Stagiaire an deem Etablissement.

Ech denken och, datt mer duerno nach eng Kéier mussen, wann dat heite bis richteg gräift, driwwer diskutéieren, och am Kontext vun der Autonomie vun de Schoulen, fir ze kucken, wéi mer de Rekrutement vun deenen neien Enseignantë maachen, ob mer net och do kucken, eng Prioritéit dran ze kréie fir deen, deen an engem Gebai säi Stage gemaach huet, datt deen och kann do bleiwen. Ech hunn eng Kéier e Stage gemaach op enger Bank, vun der Uni aus, a bei jiddwerengem, wou ech mech do un de Schreifdësch hu misse setzen, ass gesot ginn: „Bleift en oder bleift en net?" A wéi gesot ginn ass: „Neen, e bleift net, e geet erëm zréck op d'Uni", du war ganz kloer, datt eigentlech kee sech besonnesch méi motivéiert gespiert huet, fir den Encadrement vun esou engem Stagiaire ze maachen. Dat ass meng Erfahrung.

Duerfir denken ech, datt et hei och wichteg ass, datt een deene Stagiairen d'Chance gëtt, wann et iergendwéi méiglech ass, an deem Gebai ze bleiwen, well dat virun allem méi Motivatioun gëtt den Enseignanten an den Direkteren, déi sech ëm den Encadrement vun deene Stagiairen do solle këmmeren, fir sech méi nach dran ze investéieren, wat se haut zum groussen Deel maachen, an awer oft enttäuscht sinn, wann déi Leit herno net kënne bleiwen.

Dann denken ech awer och, et wiesselt ee jo net vläicht direkt, nodeem een de Stage ofgeschloss huet. Et wiesselt ee jo vläicht och emol zwanzeg Joer duerno, datt een eppes Neies wëllt maachen an an eng aner Schoul wëllt goen, wann een am ES war an an den EST wëllt goen oder ëmgedréint. An dat léise mer jo net, andeems dann iergendwann an der Phas vun der Beruffsausbildung, während dem Stage, een eng Kéier dat eent an dat anert gesinn huet, mä et léist een et dann duerch Formation continue.

An duerfir sinn ech der Meenung, datt mer vill méi systematesch op d'Formation continue nach musse setzen, souwuel am Fondamental wéi och am Secondaire, well da stelle sech op eemol nei Situatiounen. Déi kënne sech all Dag fir en Enseignant stellen. An duerfir musse mer och kucken, datt et ebe méiglech ass, sech op déi nei Situatioun duerch méi Formation continue a méi eng geziilte Formation continue dann och nach eng Kéier kënnen anzestellen.

D'Madame Hansen huet, Här President, e puermol op d'Ënnerscheeder am Fonctionnement tëschent Fondamental a Secondaire higewisen. Dat ass wahrscheinlech dann dee beschte Beweis dofir, datt keen drun denkt, den Enseignant unique iergendwou anzeféieren. Den Här Kartheiser huet och hei géint Gespenster probéiert unzekämpfen. Et denkt keen dorunner. An den Här Wagner, mengen ech, huet dat och jo nach confirméiert.

D'Fro ass opgeworf gi vum Stage vun de Chargéen. Eng berechtegt Fro, déi sech jo och gestallt huet. D'Fro stellt sech, firwat mer do net deeselwechten intensiven Encadrement gewielt hunn. Mer mussen awer och wëssen, datt, wann een datselwecht gemaach hätt, mer herno riskéieren, datt deen, dee jo ganz oft fir d'Éischt Chargé ass, well en de Concours nach net gemaach huet respektiv nach net gepackt huet beim éischten Ulaf, datt deen dann emol direkt dee Stage do mécht, a wann en dann duerno de Concours packt an dann an e Stage erakënnt, nach eng Kéier en neie Proffestage mécht. An e kann awer, well dat sinn nun eben emol d'Regele vun der Fonction publique, nëmmen ee Joer dispenséiert kréie fir dat, wat e scho virdrun theoretesch respektiv dann och praktesch gemaach huet.

Dat heescht, déi Leit géifen herno fënnef Joer insgesamt maachen, wa mer do quasi en identesche Stage géife maache wéi bei de Fonctionnairen. Duerfir hu mer geduecht, mer wéilten dat awer net maachen. An ech denken, datt et do och keng Justifikatioun derfir ginn hätt.

Ech sinn awer absolutt der Meenung, datt mer musse kucken, an Zukunft manner Chargéen ze rekrutéieren, notamment och am Secondaire. Duerfir hunn ech jo schonn ugekënnegt, datt mer den Examen-concours och do eng Kéier mussen op de Leescht huelen, datt mer den Zougang zu deenen eenzelne Branchen nach eng Kéier nei definéieren. Et gëtt haut ganz vill Masteren, wat kombinéierend Studiegäng sinn, déi haut generell net zougelooss sinn zum Concours. Déi musse mer zouloossen. Am Concours solle mer dann d'Fachwësse préiwen, ob een à même ass, mat sengem Bagage kënnen ze enseignéieren an eisem Secondaire. An da kann een an de Stage och zougelooss ginn. Wa mer dat maachen, denken ech, dann hu mer och manner Chargéen an Zukunft.

Mir hätte jo gären, am Fondamental virun allem, e sënnvolle Stage, kee Stage, deen nach eng Kéier dat widderhëlt, wat op anere Plaze schonn eng Kéier geleescht ginn ass an der Grondausbildung, och e Stage, deen en fonction vun deem ass, wou een hi Schoul hale geet. Mir wëssen, datt an där enger Gemeng Schoul halen oder an deem enge Quartier Schoul halen, eppes anescht ass wéi an enger anerer Gemeng oder an engem anere Quartier. Mir wëssen, datt Schoul halen am Préparatoire, och als Instituteur, eppes anescht ass wéi am Fondamental. Duerfir muss et eben en fonction si vun deem Wee, deen ech virdru gemaach hunn an awer och en fonction si vun deem Wee, deen ech wëll maachen duerno. An duerfir eben och e Stage à la carte.

A virun allem am Secondaire leeë mer ganz vill Wäert drop, datt et ebe keen theoretesche Stage méi ass. An dat war jo déi grouss Kritik, déi eigentlech jiddwereen awer un de jëtzege Stage geriicht huet am Secondaire, datt en ze vill theorielasteg ass, datt et eng gutt Kombinatioun tëschent Praxis an Theorie muss sinn, mä datt e virun allem praktesch an didaktesch orientéiert muss bleiwen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn déi Messagen, déi ech nach eng Kéier hei wollt mat op de Wee ginn. Et huet kee Wäert, datt ech op dem Här Kartheiser seng Reprochen do am Detail nach eng Kéier haut aginn, well ech hat gemengt, datt mer gëschter Owend mat engem Communiqué schonn op se alleguerte geäntwert hätten.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Här Minister. Domat wär d'allgemeng Diskussioun eriwwer a mir géifen, fir d'Éischt, zur Diskussioun respektiv Ofstëmmung iwwert d'Amendemente kommen, déi vun der CSV agereecht gi sinn.

Amendements 1 et 2

Ech mengen, d'Amendemente wäre motivéiert. Wëllt nach ee Stellung dozou bezéien? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da géife mer fir d'Éischt iwwert den Amendement 1 ofstëmmen, deen eng Rei vun Artikele betrëfft, mä wou awer d'CSV d'accord war, dass mer an engem Jet iwwert deen Amendement ofstëmmen. Deen Amendement wëllt de Stage vun de Stagiaires-fonctionnaires änneren an e géif, wéi gesot, déi Artikelen, déi hei opgezielt sinn, änneren. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hu 60 direkt an indirekt Participatiounen um Vote: 28-mol Jo, 32-mol Neen. Domat ass den éischten Amendement ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc

Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Claude Wiseler), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Da géife mer zum Amendement 2 kommen. Do, mengen ech, gëllt datselwecht, dass en argumentéiert ass. A bei deem Amendement 2 geet et drëm, dass den zukünftege Referenzpersounen, esou wéi et am Artikel 73 virgesinn ass, soll eng Décharge zougestane ginn. Wien also mat deem Amendement d'accord ass, ass gebiede mat Jo, a wien net domat d'accord ass, mat Neen ze stëmmen. An d'Ofstëmmung fänkt un.

Vote sur l'amendement 2

Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. Erëm eng Kéier 60 direkt an indirekt Participatiounen um Vote: 29-mol Jo an 31-mol Neen.

(Brouhaha)

D'Resultat ass zwar méi enk, mä et ass awer nach ëmmer kloer. Domat wär deen zweeten Amendement ofgelehnt.

(Interruptions diverses)

Jo, mir kucken dat nach eng Kéier no. Mä d'Resultat ass d'Resultat.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 2 est rejeté par 32 voix contre et 28 voix pour.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Claude Wiseler), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert den Ensembel vum Projet de loi 6773.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Elo musst Der erëm alleguer anescht stëmmen!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Also, wann ee sech sollt geiert hunn, da gëtt dat hei gemellt an da gëtt dat selbstverständlech considéréiert. Mir si jo hei keng Maschinnen. Sou, da stëmme mer elo of iwwert den Ensembel vum Projet de loi 6773.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6773 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. 60 Participatiounen: 32-mol Jo, 26-mol Neen an 2 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Octavie Modert), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Une voix.- Voilà!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech ginn dovun aus, dass d'Abstentioun och motivéiert ass.

Une voix.- D'Welt ass erëm an der Rei!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Domat wäre mer mat dem Projet am Hafen. An ech wollt lech just nach froen, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn.

(Assentiment)

Merci.

Motion 1

An da komme mer zu der Motioun, déi vun der Madame Hansen erabruecht ginn ass. Gi mer dovun aus, dass se erkläert ginn ass, dass awer d'Regierung nach net Positioun dozou geholl huet an direkt d'Wuert kritt? Den Här Minister.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.*- Merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz. Mir wëssen alleguerten heibannen, wat am Regierungsprogramm steet zu deem doten. Et ass e Punkt, dee vläicht elo just marginal gestäift ginn ass am Laf vun dëser Debatt. An ech denken, wa mer elo nach eng Kéier wëlle méi intensiv doriwwer diskutéieren, da musse mer eis nach eng Kéier op d'mannst déi Zäit huelen, fir iwwert de Projet de loi ze diskutéieren. Mir sinn amgaang dat auszeschaffen.

Et sinn awer elo nach eng Rei vu Froen um Dësch an ech invitéieren lech nach eng Kéier, den Avis vum Statsrot ze liesen zum Gesetz vum Fondamental vun 2009, wou d'Fro opgeworf ginn ass: Mir hunn op där enger Säit e President a mir hunn op där anerer Säit en Inspekter, a wéi fonctionnéiert dat mateneen, mat der Kompetenzopdeelung? Do musse mer och am Hannerkapp behalen, wat de Statsrot dozou gesot huet, dat ass méi wéi pertinent.

An ech géif proposéieren, datt mer vläicht, wann d'Chamber domadder d'accord wär, déi Motioun hei géifen eng Kéier an d'Kommissioun huelen. Da wär ech och gäre bereet, zu deenen Iwwerleeunge Stellung ze bezéien, respektiv déi ze presentéieren, déi mer eis bis elo am Ministère zu där doter Problematik gemaach hunn.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Minister. Nach Reaktiounen? Dat ass net de Fall. Da géife mer iwwer... Ah, d'Madame Hansen. Sorry.

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Ech denken, wa mer direkt am Hierscht dann dat heite kéinten op den Ordre du jour setzen, da si mer domadder averstanen, datt mer dat an der Kommissioun dann diskutéieren.

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Direkt den éischten Dag!

Une voix.- Den éischten Dag, jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ass dat d'allgemeng Meenung vun der Chamber?

(Assentiment)

Majo, da brauche mer net ofzestëmmen.

Une voix.- Et ass och besser!

7. Discours de M. le Président

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Kolleeginnen, Kolleegen, mir sinn domat um Enn vun dëser Sëtzung, där leschter ëffentlecher Sëtzung virun der Summerschoulvakanz, ukomm. Och wann déi ëffentlech Sëtzungen elo bis an den Oktober pausen, geet d'Aarbecht am Hannergrond, an de Kommissiounen, nach bis Enn des Mounts weider, mat enger Reprise direkt am September.

Wann ech op déi lescht Méint zréckkucken, esou si vill wichteg Projeten, Propositiounen an Débaten hei am Plenum behandelt ginn. Et goufen och wichteg Viraarbechten an de Kommissioune geleescht, an esou wäert sécher am Hierscht eis d'Aarbecht net ausgoen.

Lëtzebuerg huet bis den 31. Dezember d'Présidence vum Conseil vun der Europäescher Unioun. Dofir wënschen ech der Regierung eng glécklech Hand. Et gëtt och eng ganz Partie grouss Challengen, déi während där Présidence bleiwe respektiv op eis zoukommen, Stéchwierder wéi Griichenland oder de Géigewand fir d'EU a Groussbritannien. Mä och deenen Dausende vu Flüchtlingen, déi all Dag, all Woch hiert Liewe riskéieren, hir Heemecht verloossen, fir eppes Besseres op enger anerer Plaz ze sichen, muss gehollef ginn, direkt mä och nohalteg. Bei all dësen Erausfuerderunge gëtt et ee Schlëssel: d'Solidaritéit!

Och d'Chamber ass während der Présidence mat agespaant, an dat vläicht méi wéi ee kéint mengen. Mir hunn an deenen nächste Méint eng ganz Rei vu Konferenzen. Nieft deene Konferenzen, déi all Présidence muss organiséieren, leeë mer d'Schwéierpunkten op méi e soziaalt Gesiicht fir Europa an d'Entwécklungszesummenaarbecht.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hat lech zejoert ëm dës Zäit op dëser Plaz vu méi Demokratie a Participatioun geschwat. Dëst Joer si weider Schrëtt an déi richteg Richtung gemaach ginn, engersäits duerch eist Petitiounsrecht, anerersäits duerch déi Diskussioun ronderëm de Referendum an ëm eis Verfassung.

Domadder ass et elo net gedoen. D'Diskussioun iwwer eist neit Grondgesetz, déi mir mat de Leit dobausse féiere wëllen, geet weider. Bis Mëtt Oktober kënne Virschléi zur Verfassung gemaach ginn. D'Detailer fënnt een am nächste Compte rendu an op eisem Internetsite. An d'Aarbechten un där neier Verfassung ginn duerno an ëffentlecher Diskussioun och weider.

Ech freeë mech och iwwert d'Bestriewungen, fir eng Zentral fir politesch Bildung hei zu Lëtzebuerg opzebauen, wou d'Chamber wäert aktiv matschaffen a wat och der ëffentlecher Diskussioun wäert hëllefen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll lech alleguer Merci soe fir déi gutt a kollegial Aarbecht: Mengen Deputéiertekolleegen, mä och mengem Noper, dem Frieseisens Claude, sengen Adjointen, eise Mataarbechter alleguer an eise Leit, déi ëmmer am schwaarze Kostüm hei ronderëm düsen an eis an eise Sëtzunge begleeden, dem Personal vun de Fraktiounen an de politesche Sensibilitéiten, der Press an eise Beobachter vun dobaussen.

Ech wëll lech alleguer alles Gutts an e puer relax Deeg während dem Summer wënschen an, wéi gesot: Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht!

Domat ass eis Sëtzung elo um Enn.

(Fin de la séance publique à 17.09 heures)

Sommaire des séances publiques n^os^47 et 48

47e séance

Ouverture de la séance publique p. 703

Communications p. 703

Ordre du jour p. 703

Information de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, au sujet de l'accord sur la restructuration de la dette grecque p. 703-706

Établissement d'une liste de trois candidats pour le poste de conseiller d'État p. 706-707

6799 - Projet de loi modifiant

1) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;

2) la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État p. 707-709

6789 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de la Médiateure (2014) p. 709-713

48e séance

Ouverture de la séance publique p. 714

Dépôt d'une motion par M. Henri Kox p. 714

6689 - Projet de loi

a) concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°528/2012 du Parlement européen et du Conseil du 22 mai 2012 concernant la mise à disposition sur le marché et l'utilisation des produits biocides;

b) relative à l'enregistrement de fabricants et de vendeurs;

c) abrogeant la loi modifiée du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides p. 714-716

Ordre du jour p. 716

Motion de M. Henri Kox relative à l'invitation du Gouvernement à insister auprès des autorités françaises pour qu'elles respectent la législation sur l'environnement, notamment la directive européenne EIE

et

Question parlementaire écrite n°1290 de M. Marco Schank relative à la construction d'un centre de gestion de déchets radioactifs en Lorraine à deux heures environ du Luxembourg p. 717-718

6773 - Projet de loi portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale et modifiant

1) la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques b) la création d'un Centre de Gestion Informatique de l'Éducation c) l'institution d'un Conseil scientifique,

2) la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques,

3) la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental,

4) la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental,

5) la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance,

6) la loi du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers,

7) la loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État,

8) le Code de la sécurité sociale,

et abrogeant la loi modifiée du 21 mai 1999 concernant la fonction de candidat dans les carrières enseignantes de l'enseignement postprimaire p. 718-726

Discours de M. le Président p. 726